Aufgabegebidder ze kréie fir d'Plans d'action, awer herno och d'Kontrollméiglechkeeten an d'Sanktiounen. Well soss huet et kee Sënn, wa mer herno Aktiounspläng hunn a mir hunn net d'gesetzgeberesch Méiglechkeeten, déi mer eis musse schafen, fir se ëmzesetzen. Dann hëlleft dat net ganz vill.

Ech mengen, dass dat Gesetz also schonn e Méiwäert ass, fir eng besser Bekämpfung vum Kaméidi och hei zu Lëtzebuerg ze kréien.

Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Ech soen dem Här Ëmweltminister Lucien Lux Merci. D'Debatt ass domadder ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5206. Den Text steet am Document parlementaire.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Resultat ass dat folgend: De Projet de loi ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Thiel), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par Mme Sylvie Andrich-Duval) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Roger Negri), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel (par M. Henri Grethen), Niki Bettendorf (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Motion 1

Dann hätte mer hei nach d'Ofstëmmung vun enger Motioun. Vu datt déi Motioun vun alle Fraktiounen a Sensibilitéite matgedroe gëtt, kann ech déi Motioun par vote à main levée zum Vote stellen.

Vote

Wien ass dofir?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dann och déi Motioun à l'unanimité ugeholl.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5307 iwwert d'Sécherheet vun de Produiten. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Spautz, d'Madame Flesch, den Här Huss, den Här Mehlen an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här John Castegnaro.

8. 5307 - Projet de loi relative à la sécurité générale des produits

Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports

M. John Castegnaro *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, bei dem Projet 5307 geet et ëm d'Transpositoun vun der EU-Direktiv 2001/95/CE, déi d'Direktiv 92/59/CEE ersetzt an och dat Gesetz, wat opgrond vun där Direktiv genee virun néng Joer gestëmmt ginn ass a wat den Datum vum 27. August 1997 dréit; fir och dat Gesetz ze ersetzen, ouni dass awer déi wesentlech Prinzipië géinge verännert ginn.

Et geet bekanntlech drëm hei net nëmmen eng nei Direktiv ëmzesetzen, mä wierklech méi sécher Produkter op de Marché ze kréie respektiv d'Kontroll vun de Produkter nei ze regelen an ze verbesseren. Déi nei Direktiv, dat Gesetz, wat mer haut solle stëmmen, konsolidéiert domat dat Gesetz vun 1997, baut et och aus, an dat mam erkläerten Zil vum effikasse Schutz vum Konsument. Dëse Projet de loi, deen op den éischte Bléck héich technesch ausgesäit - an et och ass -, ass awer geneesou en héich politesche Projet.

De Message essentiel vun dem Projet de loi ass d'Securité générale des produits, déi noutwendeg a wichteg ass, fir dass ee kann eng effikass Protektioun vum Konsument erméiglechen. D'Zil ass also dat vun de séchere Produkten, déi op de Marché solle kommen, an domat och e Sécherheetsnetz ze liwweren, do wou déi sektoriell Législatioun net gräift oder wou se inexistent ass.

Eng duerchaus komplex a komplizéiert Matière, och dodurch well mer hei ëmmer an der Konfrontatioun stoungen a sti mam sakrosankte Prinzip vun der Liberté de commerce, déi scheinbar ëmmer nach de Primat virum Schutz vun der Gesondheet huet.

Dee Spillraum, deen awer besteet, versiche mer mat deem Gesetz hei auszefëllen, och duerfir well et jo ëm d'Gesondheet geet, well et och ëm Liewen an Doud ka goen.

Mir bewegen eis hei also an engem Rahme vu sou genannte liberale Spillregelen. Trotzdeem menge mer, dass mer et géinge fäerdeg brëngen, mat dësem Gesetz, wéi ech et schonn e puer Mol gesot hunn, besser Regelen, méi Kontrollen, méi Schutzbestëmmungen an awer och Strofbestëmmungen ze schafen. Et geet drëm - an dat ass wesentlech -, hei d'Responsabilitéit vum Produzent a Verdeeler, vum Händler ze verdéiwen, och am Sënn vun enger optimaler Zesummenaarbecht mat den nationalen an europäeschen Autoritéiten an ëmmer erëm am Interesse vum Verbraucher, vum Konsument.

Dat soll erméiglecht ginn iwwer méi Informatioun an Transparenz dem Konsument géigeniwwer. D'Verpackunge solle besser ginn, d'Verpackungsbeilage sollen hirersäits liesbar a méi transparent ginn, fir eben op d'Gesondheetsrisiken an d'Unfallgeforen hinzeweise respektiv a virun allem se ze verhënneren, also virbeugend ze sinn. Et geet drëm, d'Irreféierung vum Verbraucher op en Enn ze brëngen. Et geet drëm, duerch grouss Transparenz och méi schnell kënnen ze reagéieren, wa reagéiert gi muss.

Et geet also drëm, iwwer méi streng Verflichtungen dem Produzent géigeniwwer hien dozou ze veranlassen, dass hien a) seng Produkter, wann et noutwendeg ass, fräiwëlleg vum Maart zréckzitt wa Problemer entstane sinn oder b) bei Verdachtsmomenter den zoustännegen Autoritéiten déi néideg Informatioun och iwwert de Wee vun enger optimaler Zesummenaarbecht zoukomme léisst.

Aus dem Rapport vun der Kommissioun vun der Ekonomie, Energie, Post an dem Sport vum 6. Juli 2006 sinn déi Schwéierpunkten, mä och d'Komplikatiounen, awer besonnesch d'Zil erauszeliesen. An ech wëll profitéiere fir hei alle Kolleeginnen a Kolleegen aus der Kommissioun en décke Merci ze soe fir d'Gedold an d'Ausdauer, mä och dem Sekretariat an de Mataarbechter aus dem Ministère. Mir hunn iwwer e Joer un deem Rapport an un deem Projet de loi gebruckt, well et ebe keng einfach Saach war, well e komplex war, mä och - an dat muss een ënnersträichen -, well mer ënner Drock stoungen, ënner Drock, well et eng Urgence gëtt.

Déi Direktiv 2001/95 ass de 15. Januar 2001 a Kraaft getrueden an hir Ëmsetzung hätt misse virum 15. Januar 2004 vollzu sinn. Hei ware mer dann och erëm eng Kéier am Verzuch, an den Europäesche Geriichtshaff huet den 9. Mäerz 2006, also virun e puer Méint, Lëtzebuerg veruerteelt. Eng weider Verzögerung hätt onweigerlech dozou gefouert, dass mer Strofe kritt hätten, also Penalitéiten an Astreinten, wat eis nieft der Schmaach och nach vill Sue kascht hätt.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Zweetens gëtt et eng aner Problematik, an den honorabelen Henri Grethen, mäi Frënd, ass jo elo heibannen, hie war an der Kommissioun dobäi, domat kann ech en net iwwerraschen, dass de Statsrot hei sechs Oppositions formelles gemaach hat, an dass mer also eis och mat deenen hu missen ausernee setzen, woubäi fënnef vun deenen Oppositiounen ouni gréisser Problemer ze léise waren, mä déi sechst och nom zweeten Avis complémentaire vum Statsrot vum 4. Juli 2006 ëmmer nach Schwieregkeete bereet huet - an ech wëll herno ee Wuert doriwwer verléieren.

Zu deene fënnef Oppositions formelles wou mer Léisunge fonnt hunn, do huet de Statsrot sech notamment un de Kompetenze vum Minister a vu senge Servicer gestéiert an de Statsrot huet verlaangt, dass eng Rei vu Kompetenze méi kloer am Gesetz respektiv duerch groussherzoglech Reglementer festgeluecht misste ginn. Eis Kommissioun huet dëse Fuerderunge vum Statsrot Rechnung gedroen. Mir haten och schonn en éischte Projet vun engem Règlement grand-ducal virleien, dee mer konnten zur Kenntnis huelen, deen awer nach muss duerch de Regierungsrot goen.

Et sief och drop higewisen, dass en anere Projet de loi, de 5516 iwwert den Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation et de la sécurité des produits et services, de 16. November vum leschte Joer an der Chamber déposéiert gouf, eben a sengem Artikel 25 d'Schafung vun dësem Institut, dem ILNAS an der Kuerzfaassung, virgesäit an domat och d'Kompetenze vum Wirtschaftsminister am Beräich vum Contrôle vun der Sécurité générale des produits op den ILNAS iwwerdréit.

Déi sechst Opposition formelle war déi schwieregst. Hei geet et ëm den Artikel 3, d'Sécurité des produits, an den Artikel 8, d'Penalitéiten. Mir hunn do eigentlech versicht eis Meenung als Kommissioun duerchzedrécken a mir hunn e leschte Virschlag de 6. Juli an der Kommissioun diskutéiert a mir ginn dovun aus, dass déi Propositioun dem Statsrot kann oder misst kënne Satisfaktioun ginn ouni eis prinzipiell Haltung mussen opzeginn.

Mir waren eis awer eigentlech eeneg driwwer, dass mer net zu weidere Kompromësser bereet wieren, mä gegebenenfalls géingen der Entbannung vum zweete Vote constitutionnel ebe mat engem Passer-outre géigeniwwertrieden an eis domat géingen duerchsetzen. Wéi gesot, mir hunn dat nei formuléiert, mir hunn dem Statsrot an engem Bréif de 7. Juli eis Formulatioun matgedeelt.

Ëm wat geet et? Mä et geet drëm, dass den Artikel 3 (1) all Produzent obligéiert, nëmme sécher Produkter op de Maart ze brëngen. D'Paragraphen 2 an 3 vum Artikel 3 preziséiere wéini e Produkt als sécher kann ugesi ginn, andeems si déi verschidden Normen opzielen, déi e Produit erfëlle kann - erfëlle kann! -, well déi Normen net obligatoresch sinn. Dës Norme ginn och haut schonn, ënnert dem aktuelle Gesetz vun 1997 iwwert d'Sécurité générale des produits, mat hire Referenzen am Mémorial publizéiert.

A sengem éischten Avis huet de Statsrot mam Hiwäis op den Artikel 112 vun eiser Constitutioun verlaangt, dass dësen - ëmstriddene - Prinzip vun der Publikatioun eleng vun de Referenzen op d'Normen op d'mannst an d'Gesetz festgeschriwwe misst ginn, an dat wéi gesot «sous peine d'opposition formelle». Doropshin huet d'Kommissioun den Artikel 3 amendéiert an en neie Paragraph bäigefléckt, deen de Prinzip vun der Publikatioun vun de Referenzen am Gesetz festschreiwe soll. A sengem éischten Avis complémentaire huet de Statsrot dann op eemol fonnt, dass d'Publikatioun vun de Referenzen eleng net géif duergoen. D'Norme missten an Zukunft integral am Mémorial oder als Annex zum Mémorial veröffentlecht ginn.

A sengem Avis complémentaire huet de Statsrot effektiv en neit Element a seng Argumentatioun erabruecht, an zwar, dass déi penal Sanktiounen, déi e Producteur en vertu vum Artikel 8 riskéiert, wann hien, entgéint den Dispositioune vum Artikel 3 (1) - also sécher Produkter -, geféierlech Produiten op de Marché brëngt, sech direkt op den Artikel 3 applizéieren, also och op d'Paragraphen 2 an 3, wou d'Normen definéiert ginn.

Or, ouni eng integral Veröffentlechung vun dësen Normen am Mémorial, am Sënn vum Artikel 112 vun eiser Constitutioun, kéinte Verstéiss dergéint och net ënner Strof gestallt ginn. De Problem bestoung also an der Incriminatioun vun den Normen. Implizit huet de Statsrot domat awer och verlaangt, dass d'Normen aus de Paragraphen 2 an 3 obligatoresch ginn.

D'Kommissioun huet sech doropshin nach eng Kéier mam Problem befaasst an ass zur Konklusioun komm, dass d'Fuerderung vum Statsrot aus wéinstens dräi Ursaachen net ze erfëlle wär, an zwar:

Éischtens, eng Publikatioun in extenso vun allen Normen, Codes de bonne conduite, «état des connaissances et de la technique» an esou weider, vun deenen am Artikel 3 Rieds ass, wär technesch a materiell praktesch net machbar.

Zweetens, et gëtt Normen op déi Droits de propriété intellectuelle bestinn, déi een net einfach esou veröffentleche kann.

Drëttens, eng Publikatioun vun den Normen am Mémorial, duerch déi dës Normen en obligatoresche Charakter géife kréien, géif wesentlech méi wäit goe wéi dat wat d'EU-Direktiv verlaangt. Wa mir dës Propos vum Statsrot iwwerhuele géifen, da wäre mer mat eiser Transpositioun net méi konform gewiescht, esou jiddefalls hunn d'Kommissioun an de Minister dat gesinn.

A véiertens ass de Lien, deen de Statsrot tëschent den Normen engersäits an de Sanktiounen op där anerer Säit mécht, esou net richteg. De Statsrot ass dovun ausgaang, dass den Non-respect vun den Normen, wa se obligatoresch sinn, automatesch eng Sanktioun géif no sech zéien. Or, d'Sanktiounen, déi den Artikel 8 virgesäit, applizéiere sech op Produzenten, déi onsécher, dat heescht geféierlech Produiten op de Maart brëngen.

D'Normen aus de Paragraphen 2 an 3 déngen dozou ze evaluéieren, ob e Produkt kann als sécher betruecht ginn oder net. Dat bedeit awer net, dass e Produit, deen d'Normen net erfëllt, automatesch geféierlech ass, an dass dee Produzent automatesch bestrooft gëtt, wann hien esou e Produit op de Maart brëngt.

D'Kommissioun huet hir Iwwerleeung dem Statsrot an engem Bréif, wéi ech gesot hunn, matgedeelt a gefrot, fir dass de Statsrot seng Opposition formelle op dësem Punkt soll opginn. Si huet de Statsrot ausserdeem nach eng Kéier drun erënnert, dass de Prinzip vun der Publikatioun vun de Referenzen och an anere Beräicher souwisou applizéiert gëtt.

A sengem zweeten Avis complémentaire huet de Conseil d'État zur Kenntnis geholl, dass d'Kommissioun déi Normen net als juristesch bindend betruecht, mä éischter als technesch Indikatioun, gewëssermoossen also als Interpretatiounshëllef am Fall vun engem Litige.

De Statsrot huet der Kommissioun dunn zwou Méiglechkeeten opgelooss. Dat heescht, entweder un der integraler Publikatioun vun den Norme festzehalen. De Statsrot huet souguer d'Iddi lancéiert, dass een dat iwwert den Internet kéint maachen. D'Kommissioun huet awer fonnt, dass domat déi wesentlech Problemer, déi ech éinescht opgezielt hunn, net geléist wären, an huet op déi zweet Léisung zréckgegraff, an zwar den Artikel 3 net ganz ze inkriminéieren, mä sech op den 1. Paragraph - dee vun de Produits sûrs - ze limitéieren. Domat falen d'Normen aus de Paragraphen 2 an 3 elo net méi ënnert déi pénal Sanktioune vum Artikel 8.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Domat, menge mer, kënnt de Problem vun der Publikatioun vun de Normen, deen eis immens vill Zäit kascht huet, zu gudder Lescht nach geléist ginn. Dat wäerte mer gesinn un der Reaktioun vum Statsrot.

Nach eng Kéier zum Projet e puer Bemierkungen an Erklärungen. Dee Projet, iwwert dee mer haut ofstëmmen, ass deen, deen also de Prinzip festneelt vun de Produits sûrs, déi op de Marché musse kommen.

Zweetens leet de Projet de loi, esou wéi säi Virgänger 1997, kloer fest, dass d'Kompetenz an där Matière ausschliesslech an den Hänn vum Minister läit, deen d'Protektioun vun de Konsumenten a sengen Attributiounen huet. Dat heescht, de Moment ass dat de Minister vun der Ekonomie an et si seng Agenten, déi als Agents de police judiciaire de Marché iwwerwaachen, Enquêten um Terrain maachen, Infraktioune feststellen an och de Procès-verbal dresséieren.

De Minister vun der Ekonomie ass also deen, deen dofir suergt, dass déi néideg Mesurë geholl ginn, an et ass och deen, deen a Kontakt mat de Konsumente steet. An et ass deen, deen dem Producteur an dem Distributeur vis-à-vis ka bestëmmen, éischtens ze verbidden, dass Produiten op de Marché kommen, déi als geféierlech betruecht ginn, zweetens se dozou ze veranlassen de Retrait virzehuelen. An hie kann nieft dem Retrait och d'Destructioun vun dëse Produiten décidéieren.

Wéi gesot, wichteg ass, dass dat Gesetz doniewent eng Rei vun anere Prinzipien iwwerhëlt. Ech schwätzen elo vum Rapex, dem Système d'alerte rapide, deem rapide Warnsystem, dee vun der Eu-

ropäescher Kommissioun organiséiert a pilotéiert gëtt, a wou et an all Mitgliedsland vun der Europäescher Unioun eng Antenn gëtt, déi da bei eis och am Ministère de l'Économie ugesiedelt ass.

Dee rapide Warnsystem erfëllt eng wesentlech Funktioun. Dir gesitt dat aus dem Rapport, wou d'Zuele sti vun honnerte Retraiten oder Warnungen, déi do ausgeschwat gi sinn. Et konnt ee gëschter nach an eisem Courrier électronique liesen, dass d'Europäesch Kommissioun net méi spéit wei gëschter gewarnt huet virun deene Minimotoen, déi zënter enger Zäit schonn op de Marché komm sinn an déi ugesi gi wéi Spillsaachen a mat deenen och kleng Kanner däerfe fueren, obwuel festgestallt ginn ass, dass dat liewensgeféierlech ass. Dofir ass och vun der Kommissioun dorop higewise ginn, dass an de Länner muss reagéiert ginn, dass ënner 14 Joer keen däerf domat fueren, dass et keng Spillsaach ass an dass dat doten eigentlech misst an d'Kategorie vun de motoriséierte Gefierer falen, wat awer wéinst mangelhafte Reglementer net de Fall ass.

An do gesäit een d'Bedeitung. An et ass vläicht e gutt Beispill, fir ze ënnersträichen, dass och esou e rapide Warnsystem, dee jo integréiert ass an d'Sécurité générale des produits, seng absolut Bedeitung huet; fir och ze ënnersträichen, dass de Rapex iwwert dat erausgeet, wat de Champ d'application vun der Sécurité générale des produits ass, mä dass och do all déi Produkter reglementéiert ginn, wou et Reglementer gëtt, wou et Directives sectorielles gëtt, wéi iwwert d'Spillsaachen, iwwert d'Matériel électrique, iwwert d'Équipements de protection individuelle, awer och iwwert d'Produits cosmétiques.

An hei gräifen dann an, an déi ganz Kontrollfunktioun, net nëmmen d'Inspection du Travail et des Mines an de Service de l'Énergie de l'État, mä och d'Division de la Pharmacie et des Médicaments vum Ministère de la Santé.

Déi Tatsaach do huet dann op där anerer Säit dozou gefouert, dass souwuel de Conseil d'État wéi besonnesch d'Union luxembourgeoise des Consommateurs fënnt, dass esou ze vill Muecht an der Hand vun engem Ministère ass a vläicht net genuch Méiglechkeet vu beschtméiglecher Kooperatioun besteet, an doraus erëm Risiken entstinn.

Dofir hu mer eis als Kommissioun och sensibel dofir gewisen a mer fannen, dass een eben iwwert de Wee vun dësem Gesetz an anere Méiglechkeeten déi Zesummenaarbecht muss optimal organiséieren, fir dass een d'Problemer am Grëff behält.

Dës Erklärunge fir ervirzesträichen, dass et schonn e bedeitende Projet ass, dee villes vun deem ale Gesetz iwwerhëlt, mä deen op där anerer Säit eng Rei vun neien Elementer mat erabréngt, déi et derwäert sinn, dass se beuecht ginn.

Ofschléissend a fir komplett ze sinn, och wann et keen direkten Zesummenhang gëtt, wëll ech e Wuert iwwer REACH verléieren an iwwert de Code de la Consommation. REACH dofir, well dat jo och eigentlech e Bestanddeel vum Schutz vun der Gesondheet ass an enger anerer Dimensioun.

Hei geet et ëm chemesch Produkter an hiren immens héije Potenzial u Gefore fir d'Ëmwelt mä och fir d'mënschlech Gesondheet, an dat ass Objet vun enger detailléierter Reglementatioun an zwar ausserhalb vun der Sécurité générale des produits.

Op där anerer Säit spillt et mat eran, well jo awer eng ganz Rei vu Chemikalien, déi iwwert de REACH solle kontrolléiert sinn an dat am Virfeld vun der Commercialisatioun, net nëmmen a chemesche Produkter mä och an anere Produkter benotzt ginn. Et ass also net fir et aus den Aen ze verléieren, och wann et hei direkt net mat en Thema ass.

Dann de Code de la Consommation, op deen zënter Jore gewaart gëtt. Et ass jo besonnesch eng Fuerderung vun dem Konsumenteschutz, vun der ULC, an och vun aneren. Et ass beim Code de la Consommation wéi beim Code du Travail, dee mir iwwermuer hei op der Dagesuerdnung hunn, nämlech dass een et muss fäerdeg bréngen all bestoend Gesetzer a Reglementer ze kodifizéieren, fir Transparenz dran ze kréien, den Iwwerbléck ze behalen an domat och optimal Schutz a Bestrofung ze garantéieren.

Un deem Code de la Consommation gëtt elo zënter engem Joer intensiv am Ministère geschafft, an do gëtt et ee Comité d'accompagnement, deen aus Juristen, Magistraten, mä och aus Vertrieder vun Départements ministériels, vum Konsumenteschutz an aus Professionellen zesummegesat ass, an deen hoffentlech bal oder geschwënn zu engem Ofschloss kënnt, fir et ze erméiglechen, dass ee wierklech optimal Konditiounen och zu Lëtzebuerg an engem Beräich schaaft wou et ëm d'Gesondheet vun eis alleguer geet, ob dat elo d'Gesondheet ass oder ob dat Unfallgefore sinn, an dass mer et och fäerdeg bréngen duerch d'Ëmsetzung vun där neier Direktiv, net nëmmen op nationalem Plang mä och am europäesche Kader déi beschtméiglech Iwwerwaachung, also Kontroll, an dee beschtméiglechen Austausch vun Informatiounen an domat och dat konkret Virgoen am Interesse vum Verbraucher ze organiséieren.

Ech hunn den ILNAS genannt, wou den Dépôt am November 2005 gemaach ginn ass.

M. le Président.- Här Castegnaro, Dir misst esou lues zum Schluss kommen.

M. John Castegnaro *(LSAP), rapporteur.*- Ech sinn um Schluss, Här President. Ech hunn et gespiert kommen an duerfir hunn ech mech geflass.

(Interruptions)

Ech fänken u gutt ze ginn, ne?!

(Interruptions)

Voilà!

Ech wëllt also op d'Bedeitung vun deem Ganzen hiweisen, se ënnersträichen. Ech hu gesot, et geet ëm d'Gesondheet vun eis alleguer, och vun der Ëmwelt.

Ech wëll nach eng Kéier all deene Merci soen, déi un der Ausaarbechtung vun deem Projet de loi a vum Avis matgeschafft hunn. Ech wëll och drun erënneren, dass d'Kommissioun proposéiert, dee Projet unzehuelen, an ech géing am Numm vu menger Fraktioun datselwecht soen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Ech soen dem Här Castegnaro Merci. Als éischte Riedner ass den Här Marc Spautz agedroen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marc Spautz *(CSV).*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Produkter, déi de Sécherheetsnormen net entspriechen, bleiwen eng vun den Haaptursaache vu villen Accidenter. Ob et sech hei ëm eng Méimaschinn handelt, déi net méi bremst; ob et eng Creme ass, wann ee sech déi an d'Gesiicht schmiert, een op eemol eng komesch Allergie huet; ob et eng Chrëschtdagsbeleuchtung ass, déi op eemol Feier fänkt oder ob et e Raséierapparat ass, deen op eemol e klengen Elektroschock ausdeelt; d'Palett vun dësen Accidenter ass enorm breet a beréiert all méiglech Beräicher.

(Interruption)

Oh, Här Gira, mir ass dat net alles geschitt, mä et ass just fir Beispiller ze ginn.

Et ass dofir noutwendeg, dass mir gewësse Standarden hunn, un deenen d'Qualitéit vun deene Produitë kënne gemooss ginn, fir hire séchere Gebrauch kënnen ze garantéieren.

Et ass schonns komesch, wann ee bedenkt, dass esou e wichtegt Thema, wat d'Sécherheet vu jiddferengem direkt betrëfft, och just da wouergeholl gëtt, wann en Accident duerch esou e Produkt geschitt ass a wann et dann zu gréissere Réckruffaktioune vum betraffene Produkt kënnt.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Kolleeginnen a Kolleegen, et ass nach guer net esou laang hier, dass d'Europäesch Unioun sech dëser Problematik fir d'alleréischt ugeholl huet. Et war 1992, wou sech d'Bedürfnis um Niveau vun der EU bemierkbar gemaach huet, fir sech dëser Problematik unzehuelen.

D'Resultat vun deenen éischten Négociatiounen an dësem Beräich war eng Direktiv, déi als Zil hat fir d'Sécherheet vun alle Produkter um europäesche Maart ze garantéieren, déi net duerch eng Législatioun, sief et um nationalen oder um europäesche Plang, garantéiert war. Dës Direktiv sollt en ultimë Sécherheetsfilet duerstellen. Ech mengen et ass wichteg dorun ze erënneren, wat fir e grousse Schrëtt deemools am Joer 1992 mat dëser Direktiv virgeholl gouf, fir de Schutz vum Konsument ze stäerken. Dës Direktiv gouf hei zu Lëtzebuerg duerch d'Gesetz vum 27. August 1997 iwwert d'Sécherheet vun de Produkter an dat nationaalt Recht ëmgesat.

Här President, a mengen Aen ass et wichteg, kuerz op d'Effortë vun der Europäescher Kommissioun an dësem Kontext anzegoen, déi am Joer 2000 an engem Rapport un d'Europaparlament an un de Conseil d'Erfahrungen, wat d'Applicatioun mat dëser Direktiv ubelaangt, notéiert huet.

Et huet dunn och net méi laang gedauert bis sech nees un d'Aarbecht gemaach ginn ass, fir un enger Revisioun vun där Direktiv ze schaffen, an zwar mam Zil, all déi Lücken, déi dës Direktiv opgewisen huet, ze behiewen. D'Resultat vun dëser intensiver Aarbecht um europäesche Plang läit haut virun eis um Dësch. Et ass elo un eis dëst um nationale Plang ëmzesetzen.

Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt hei vun der Geleeënheet profitéieren, dem Rapporteur, dem Kolleeg John Castegnaro, villmools Merci ze soe fir säin detailléierte schréftlechen an och mëndleche Rapport.

Ech begréissen dee Gesetzesprojet wéi en hei virläit, ganz besonnesch well en eng ganz Partie Verbesserunge mat sech bréngt an heimat de Schutz vum Konsument verstäerkt gëtt. Awer net nëmmen de Schutz vum Konsument, mä - ech ënnersträichen - och de Schutz vun den Hiersteller, déi Produiten hierstellen, an och vun deem, dee se weiderleet; well och si domadder eng Garantie kréien, dass dee Produit, dee si verdreiwen, de Sécherheetsstandarden entsprécht.

Dës Direktiv schreift eng generell Obligatioun vu Sécherheet bei alle Produkter vir, déi op de Maart bruecht ginn, déi fir de Konsument bestëmmt sinn oder déi vun deem eventuell kënnen a Gebrauch geholl ginn. Dës Direktiv adresséiert sech och un déi Produkter, déi vum Konsument am Kader vun engem Service gebraucht ginn.

Wat hei besonnesch ze ënnersträichen ass, ass, dass hei op där enger Säit versicht gëtt, sech fir dem Konsument seng Gesondheet a seng Sécherheet anzesetzen, an op där anerer Säit op e proppert Fonctionnéiere vum internen EU-Maart opgepasst gëtt.

Ech wollt elo net am Detail op dës Direktiv agoen, déi haut mat dësem Gesetzesprojet ëmgesat gëtt, well dat huet de Rapporteur, de John Castegnaro, schonn am Detail gemaach.

Ech wollt just nach op e puer elementar Aspekter vun dëser Direktiv agoen, déi a mengen Ae vu grousser Wichtegkeet sinn.

Ee vun deene wichtegsten Elementer ass, an den Ae vu menger Fraktioun a mir selwer, dass d'Sécherheet an der Produktiounskette verschäerft gëtt. Mat dëser Direktiv gëtt, wéi bei där virdru schonns, vun den Hiersteller erwaart, dass si nëmme sécher Konsumprodukter an Ëmlaf bréngen an dass si déi néideg Moossnamen huelen, fir all Risque fir de Konsument ze verhënneren.

Fir kënnen adequat Moossnamen ze huelen am Fall vum Gebrauch vun engem Produkt wat riskant ass fir d'Gesondheet an d'Sécherheet vum Konsument, muss dem Produkt seng Verpackung mat der Identitéit an de Coordonnéeë vum Hiersteller vermierkt sinn, esou wéi och mat der Referenz vum Produkt a wat fir engem Lot et ugehéiert. D'Hiersteller si verflicht fir déi wichteg Informatiounen iwwert d'Produkt dem Konsument matzedeelen an ënner Ëmstänn de fräiwëllege Réckzuch vun engem Produkt anzeleeden, fir Accidenter ze verhënneren.

De Verdeeler hir Roll gëtt awer och duerch dës Direktiv méi kloer definéiert. Si stinn och an der Verflichtung, fir op de Suivi vun der Sécherheet vun de Produkter opzepassen an och déi néideg Dokumenter ze hunn, fir den Ursprong vun dësem Produkt kënnen nozeweisen; wat et och wäert méi schwéier maachen, dass do eng Concurrence déloyale bei der Vergab vun deene Produiten entsteet.

Eng wichteg Moossnam ass déi vun der Obligatioun fir den Hiersteller an de Verdeeler, fir de kompetenten Autoritéiten, déi vun de Memberstaten ernimmt ginn, ze signaliséieren, wann e Produit, deen um Maart disponibel ass, geféierlech ass oder Risike mat sech bréngt. Der Natur vum Risque no kënnen d'Autoritéiten dann zousätzlech Démarchë vun den Hiersteller oder den Distributeuren erwaarden, wéi zum Beispill, dass de betreffende Produit erëmfonnt a vum Maart geholl gëtt, oder dass de Public iwwert de Risque informéiert gëtt oder dass ganz einfach eng Réckruffaktioun vun dësem Produit organiséiert gëtt.

En anert wichtegt Element vun dëser Direktiv ass, fir meng Fraktioun a mech, dass hei och d'Roll vun den Autoritéiten am Land, wat d'Surveillance vum Maart ubelaangt, méi wichteg gëtt. Et ass un hinnen, fir sécherzegoen, dass d'Hiersteller an d'Verdeeler hire Verflichtungen nokommen. Hir Aufgab ass et zudeems fir d'Konformitéit vun de Produkter mat de Sécherheetsverflichtungen ze kontrolléieren an déi adequat Moossnamen anzeleeden, am Fall wou de Produkt e Risiko mat sech bréngt, also dass do dann eppes dergéint ënnerholl gëtt. Et ass och un hinnen d'Regele fir d'Infraktioune festzeleeën an dorop opzepassen, fir dass de Konsument vun engem System ka profitéieren, deen och e séchere Suivi vu senge Plaintë garantéiert.

Fir ofzeschléisse géif ech gäre kuerz op den originelle Rapex-System (rapid alert system) ze schwätze kommen, deen eng rapid Interventioun garantéiert am Fall vu Produkter, déi schwéier Risike mat sech bréngen. Am Fall wou d'Memberlänner vun der EU mat esou engem Produkt konfrontéiert ginn, ass et un hinne fir op direktem Wee d'Kommissioun duerch dëse Rapex-System ze informéieren.

Esou kënnen um communautären Niveau séier Moossname geholl gi wann et sech ëm Produkter mat gravë Risiken handelt. D'Kommissioun kann da mat dësem System eng europawäit gülteg Unuerdnung fir den Ëmgang mat dësem Produit maachen, an d'Memberstate mussen déi innerhalb vun 20 Deeg ëmsetzen.

Dass dësen effikasse System elo scho seng Friichten dréit kann ee gesinn, wann een d'Opfuerderung vun der Kommissioun un d'Memberstaten erwähnt, déi gëschter - de John Castegnaro huet et scho gesot - publizéiert gouf. D'Kommissioun rifft d'Memberstaten op, dass si Moossnamen huelen, fir schlëmm Accidenter mat deene sou genanntenen „Minimotoen" ze verhënneren.

Et ass duerch dëse System, duerch deen d'Kommissioun vun zéng Memberlänner Informatiounen iwwert dës Gefierer kritt huet, an een och do konnt en Appel maachen, fir dass d'Sécherheetsnorme konnten applizéiert ginn an domat e weidere Geforenherd aus der Welt geschaf gouf.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, zum Schluss wollt ech nach eng Kéier ënnersträichen, dass et mat dësem Gesetzesprojet zu engem bessere Schutz vum Konsument kënnt. Et ass awer och wichteg, dass dës Législatioun erëm eng Kéier gestäerkt gëtt.

Mir hate schonn eng Kéier esou e Projet, mä et ass och elo wichteg, eis deenen neie Standarden unzepassen, dass d'Iwwerwaachung vun deene ganze Saachen och ausgebaut gëtt, well nëmmen dann ass et och méiglech, dass mer zesumme mat deenen anere Partner vun der Europäescher Unioun fir eng Sécherheet vum Konsument suerge kënnen.

Ech sinn der Meenung, dass dës Direktiv déi wesentlech Instrumenter dozou liwwert an hirem Objectif domadder gerecht gëtt.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, am Numm vun der CSV-Fraktioun ginn ech eisen Accord zu dësem Gesetzestext.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Ech soen dem Här Spautz Merci. Als nächste Riedner ass den Här Huss, entschëllegt, d'Madame Flesch agedroen. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

Mme Colette Flesch *(DP).*- Här President, léif Kolleegen a Kolleeginnen, et geet, wéi hei scho gesot, ëm d'Transpositioun vun der Direktiv 2001/95/CE. Ech wëll wierklech dem Rapporteur félicitéieren, deen déi ganz schwiereg Tâche hat ze navigéieren tëschent de Spitzfindegkeete vun der Direktiv an den zahlreichen Oppositions formelles vum Conseil d'État. Hien huet am Detail op déi lescht higewisen, an ech komme vläicht kuerz nach op déi eng oder déi aner ze schwätzen.

Wann den Här Bodry hei wär, da géing ech em soen, ech wéisst ganz genee, dass de Projet déposéiert ginn ass den 9. Märtz 2004, also virun der Prise de fonction vun der jëtzeger Regierung. Dat hënnert mech awer net drun ze soen, dass ech der Meenung sinn, dass d'Servicer an dësem Projet e gewëssenen Excès de zèle gemaach hunn a sech net un dee Prinzip gehalen hunn, un dee mer alleguerte mengen, dass mer ons sollen hale wa mer eng Direktiv transposéieren: Transposer toute la directive, mais rien que la directive.

Wéi hei och scho gesot ginn ass, war den Délai de transposition de 15. Januar 2004. Mir sinn also erëm eng Kéier hannendran. D'Kommissioun huet schonn e Fanger gemaach. Ech menge wierklech, dass mer bei den Direktiven an allen Departementer mussen en Effort maachen. Mir gëlle jo gären als Musterschüler vun der Unioun, dann hu mer och d'Obligatioun duerfir ze suergen, dass mer mat der Transpositioun vun den Direktiven an der Rei sinn.

Ech wëll net op déi eenzel Punkten agoen, déi de Rapporteur a sengem schréftlechen an a sengem mëndleche Rapport am Detail exposéiert huet. Déi Haaptpunkte sinn - an ech mengen, do si mer all d'accord, dass se wichteg sinn -: dass de Champ d'application vun der Direktiv erweidert ginn ass, dass d'Direktiv gewësse Lacunë combléiert, déi mer an onser jëtzeger Législatioun hunn an ewell sämtlech Produkter ofdeckt, déi fir d'Consommateure geduecht sinn, y compris:

- an dat ass nei, Produkter, déi ënner eng Législation spécifique falen;

- zweetens, Produkter, déi initialement fir den industrielle Gebrauch virgesi waren, mä déi dann duerno als e Produit de consommation plus ou moins courants gi sinn;

- a schliesslech Produkter, déi am Kader vun enger Prestation de services op de Maart bruecht ginn.

Weider gesäit d'Gesetz vir, dass d'Obligatioune souwuel vun de Producteure wéi vun den Distributeure renforcéiert ginn, an dat fir eng besser Kollaboratioun mat den Autoritéiten erbäizefëieren.

Här President, ech wëll zu dësem Projet eng allgemeng Remarque maachen, well mer dës Woch dräi Projeten um Ordre du jour hunn, déi mer schéngen déi Remarque ze justifiéieren. Hei schwätze mer iwwert d'Protection du consommateur. Mir hate virdrun de Projet de lutte contre le bruit. Mir hunn um Ordre du jour de Projet de loi Antitabac. An ech mengen dee Genre u Projeten, wou et ëm d'Protektioun vum Consommateur geet, ëm d'Protektioun vun der Gesondheet, ëm d'Protektioun vum Environnement, stellt en allgemenge Problem fir de Législateur.

Mir sinn all d'accord a mir fannen et all legitim, dass de Législateur muss dofir suergen, dass déi Protektioun gewährleistet ass; dat heescht, d'Protektioun vum Consommateur, vun der Santé, vum Environnement. Mä ech mengen, déi Protektioun kann net esou wäit goen, dass se déi individuell Fräiheeten a Fro stellt. De Bierger muss eng gewësse Protektioun hunn, mä en däerf sech net an engem Régime de liberté surveillée erëmfannen.

Une voix.- Très bien!

Mme Colette Flesch *(DP)*.- An d'Schwieregkeet bei deene Projeten ass précisément de Point d'équilibre ze fannen tëschent der Protektioun engersäits, an den individuelle Libertéiten anerersäits.

Ech mengen, deen Équiliber war am Projet de loi am Ufank, esou wéi en déposéiert ginn ass, net gewährt. An et ass dofir, dass ech virdru gesot hunn, dass ech der Meenung sinn, dass d'Servicer hei e gewëssenen Excès de zèle gemaach hunn.

Gott sei Dank hunn de Conseil d'État an d'Commission de l'Économie duerfir gesuergt, dass deen Équiliber erëm hiergestallt ginn ass. Doduerch dass d'Kommissioun Ännerunge vum Projet ugeholl huet, déi dem gréissten Deel vun den Oppositions formelles vum Conseil d'État Rechnung droen, ass, menger Meenung no, deen Équiliber erëm hiergestallt.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Wéi de Rapporteur et am Detail exposéiert huet, ass nach e gewëssenen Doute iwwert den Artikel 3, dee sech beschäftegt mat de Referenze vun den Normen, iwwert den Artikel 4, an d'Fro: Ass et eng Liste exemplative oder eng Liste exhaustive? A schliesslech den Artikel 8.

Mir hunn do, wa mer dee Projet unhuelen, nach ëmmer de Risiko, dass mer d'Dispense vum second vote constitutionnel vum Conseil d'État net kréien. Ech sinn awer der Iwwerzeegung, dass d'Kommissioun versicht huet en âme et conscience Libelléen ze fannen, déi dach de Suerge vum Conseil d'État Rechnung droen, ouni de But vun der Direktiv a vum Gesetz a Fro ze stellen.

Op jidde Fall beim Artikel 8 huet d'Kommissioun versicht de Wonsch vum Conseil d'État esou genee wéi méiglech an d'Realitéit, an den Text ëmzesetzen. Déi eenzeg Fro, déi mer ons nach stellen ass, ob mer dat gutt genuch gemaach hunn an ob de Conseil d'État dann och mat där Propositioun d'accord ass. Ech si mam Rapporteur d'accord, dass dat net kann als en Amendement considéréiert ginn, well mer hunn einfach versicht dat a Wierder ze kleeden, wat de Conseil d'État ons gesot huet.

Mat deene Wierder, Här President, a fir ofzeschléisse wëll ech den Accord vun onsem Grupp zu deem Projet brénge.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Flesch. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Huss. Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann hei gesot gëtt, datt mer mat dësem Projet de loi elo mat ronn zwee Joer Verspéidung d'europäesch Direktiv 2001/95/CE ëmsetzen an doduerch d'Gesetz vun 1997 ersetzen, wat engersäits der Direktiv 92/59/CEE vun 1992 entsprach hat, dann ass dat natierlech richteg. Wann awer gläichzäiteg gesot gëtt, datt et mat dësem neie Gesetz, mat dëser neier europäescher Direktiv elo praktesch automatesch och zu méi Produktsécherheet an zu engem Paradies fir d'Verbraucher géif kommen, da sinn an eisen Aen do awer gréisser Skepsis a gréisser Zweifelen erlaabt.

Mir Gréng wäerten eis dofir beim Vote vun dësem Projet de loi enthalen. An ech wëll hei versiche kuerz duerzeleeën, friwat dës Abstentioun, firwat eis deen neie gesetzleche Kader net duergeet - am Ënnerscheed zur DP -, fir eng wierklech Sécurité des produits am Intérêt vum Konsument an am Intérêt vum engem wierklech gesondheetlech orientéierte Verbraucherschutz ze garantéieren.

Mir wéilten awer fir d'éischt dem Rapporteur vun dësem Gesetz, dem Här Castegnaro, Merci soe fir säi Rapport, an deem hien déi wichtegst Punkten aus deem Gesetz an och aus der europäescher Direktiv virgestallt huet, well dëst Gesetz sech jo relativ enk ulehnt un dës europäesch Direktiv 2001/95/CE.

Hien ass op déi wichtegst Bestëmmungen agaangen, a well och eng Rei vu Virriedner déi Saache widderholl hunn, wier et sécherlech langweileg wann ech dat als véierte Riedner nach eng Kéier géif widderhuelen. Am Telegrammstil dofir just e puer vun deene wichtege Bestëmmungen, mat deene mer reng vum Prinzip hier natierlech och kënnen averstane sinn.

Zum Beispill déi juristesch verbindlech Bestëmmungen, déi et Commerçanten an Distributeure verbidde Produiten, dat heescht Wueren, ze verkafen, vun deene se woussten oder hätte wësse missen, datt se deene gëltege Sécherheetsbestëmmungen net entsprechen an datt bei Verstéiss dogéint Sanktiounen ze erwaarde sinn.

Ze preziséieren ass am Kontext vun dëser Direktiv an dësem Gesetz, datt et sech hei net ëm medezinesch Produkter handelt, och net ëm Biociden an och net ëm Liewensmëttel, well dës Produkter iwwer aner europäesch Direktiven a Gesetzer geregelt sinn. Et geet also ëm déi dausenden an dausende vu Produkter a Konsumartikelen, ob Kannerspillsaachen, Motorseeën, Gaardegrillen, Teppecher, Chrëschtdagsluuchten an esou virun, déi een an de gefëllte Regaler vu Geschäfter a Supermarchéen ze kafe kritt, an déi also sécher musse sinn.

Onsécher Produite sollen also net dierfe verkaf ginn an de Commerçant muss net nëmme gläich den zoustännege Minister alertéiere wann en de Verdacht huet de verkaafte Produit wär awer vläicht net sécher, mä e muss och partizipéieren dobäi fir d'Konsumenten ze warnen an déi geféierlech Produkter vum Marché zréckzehuelen.

Weider wichteg Punkten an dësem Gesetz sinn, datt den zoustännegen Ekonomiesminister Plaintë vun de betraffene Konsumente soll nogoen, an datt en den europäeschen Autoritéiten all Problemfäll soll matdeelen am Kader vun dem sou genannte Rapex-System, fir datt am Fall vu problematesche Produiten och d'Autoritéite vun deenen aneren europäesche Staten informéiert a gewarnt ginn.

Den Ekonomiesministère an Zesummenaarbecht mam Gesondheetsministère an dem Ministère du Travail soll och d'Recht hunn iwwert d'Zouloossung vu Produiten ze entscheeden, iwwert den zäitweilege Verbot oder iwwer e komplette Retrait vum Marché, deen natierlech begrënnt muss ginn.

Wann een dat alles esou liest, da kléngt dat natierlech ganz gutt, an et kéint een also mengen, datt mat dëser neier Direktiv, mat dësem neie Gesetz endlech golden Zäite fir d'Konsumente géifen erabriechen. Schéi wier et! Mir hunn dobäi allerdéngs, wéi schonn ufanks gesot, gréisser Zweifel, well déi bishereg Entwécklung vun deene vergaangenen zéng, 15 Joer an och nach déi heiteg Realitéiten eis oft ëmmer erëm de Contraire beweisen.

Denkt un all déi Problemer mat Produkter an heiansdo souguer Skandaler, déi periodesch a regelméisseg ëmmer erëm an de Medien optauchen! Liest och iwwert d'Problemer mat alldeegleche Konsumartikelen, wéi se a méi spezialiséierte Konsumentenzäitschréfte wéi zum Beispill „Öko-Test", „Que choisir" oder dem „Konsument" all Mount erëm eng Kéier ervirgehuewe ginn!

Méi generell gesinn: Wann déi ugebuede Produkter op den europäesche Marchéë sécher wieren - a vun dohier importéiere mer jo och de Gros -, da bräichte mer net vill ze diskutéieren iwwer REACH, da bräichte mer kee Service de médecine de l'environnement an der Santé, dee Joer fir Joer heiansdo ganz staark Belaaschtunge feststellt a Privatwunnengen oder öffentleche Gebaier, déi ausgi vu Produkter a Konsumartikelen, da géif et net déi zounehmend Doléancen iwwer elektromagnéitesch Belaaschtungen, zum Beispill iwwer sou genannte schnurlos DECT-Tëlefonen an esou virun.

Well wann ee vu Sécherheet vun engem Produit schwätzt, da bedeit dat haut eben net eleng méi de Risque, datt eppes zerbriechlech ass, datt kleng Kanner Stécker vun enger Spillsaach kënnen ofschlécken, datt dovunner bei defekte Produkter en Elektroschock kann ausgoen an esou virun. Am europäesche Rapex-System gëtt et bekanntlech ëmmer méi esou Notification-de-risquen, zum Beispill bei Kannerspillsaachen, virun allem bei solchen, déi aus China oder aus dem asiatesche Raum kommen.

Dat sinn awer just déi eng Risike fir d'Sécherheet, mä leider kënnen haut vun alldeegleche Produiten, ob Kannerspillsaachen, Polstermiwwelen, Matratzen, elektronesch Geräter, och eng aner Zort vu Risike fir d'Sécherheet an de gesondheetleche Verbraucherschutz ausgoen, wann esou Produkter chemesch traitéiert oder imprägnéiert sinn, a wann dës Substanzen an eisen Haiser oder Schlofzëmmeren dann ausgasen an dann zu oft problematesche Raumloftbelaaschtunge féiere kënnen. Oder zum Beispill och wa Bëbeeën oder kleng Kanner PVC-belaaschte Spillsaachen an de Mond huelen an dann zum Beispill geféierlech Phtalaten, dat si sou genannte Weichmacher, anootmen oder mat ofschlécken.

Déi Lëtzebuerger Ëmweltambulanz vum Ministère vun der Santé mécht an deem Zesummenhang am Kader vun hire beschränkte personale Méiglechkeeten - well déi si wierklech beschränkt! - eng ganz positiv Aarbecht an Haiser an öffentleche Gebaier, a ganz oft kënne si feststellen, wann en Dokter si zu Patienten an deenen hir Haiser a Schlofzëmmere schéckt, datt effektiv eng Partie vun Erkrankungen, zum Beispill Otemweeerkrankungen, Houschtufäll, chronesch Bronchiten oder Otitë bei klenge Kanner ze dinn hu mat Produkter, déi eben net sécher sinn. Zum Beispill mat Kannermatratzen, déi oft héich Konzentratioune vu problematesche chemesche Flammschutzmëttel enthalen.

A wann Dir zum Beispill och de Rapport d'activités vun deem Service de médecine de l'environnement, also vun eiser Ëmweltambulanz aus dem Joer 2005 liest - dat ass jo en offiziellt Dokument -, da gesitt Der, datt vu Produkter an Ariichtungsgéigestänn, Mobiliar, Textilien, Lieder, elektronesche Geräter an esou viru weiderhin haaptsächlech chemesch Risike fir d'Gesondheet kënnen ausgoen.

Nach ëmmer gëtt et, ausgehend vun esou Produkter an Ariichtungsgéigestänn, Belaaschtunge mat PCP, mat Eulan, souguer mat DDT, wat alles sou genannten „Altlasten" sinn, mä och déi méi nei Imprägnéierungen a Behandlunge vu Produkter, zum Beispill mat Permethrin, mat Weichmacher oder mat Flammschutzmëttel, déi ëmmer méi heefeg an eise Produkter oder am Hausstëbs fonnt ginn, maachen, datt esou munch vun dëse Produkter alles aneschters wéi sécher sinn. Datt et och aneschters ka goen, hu laut Rapport vun der Ëmweltambulanz iwwregens dräi Hiersteller vu Matratze bewisen, déi elo hir Matratzen ouni Flammschutzmëttel hierstellen, wat eng ganz positiv Ëmstellung ass.

E lescht konkret Beispill iwwert d'Sécherheetsrisiken, beziehungsweis éischter d'Risike vu Produkter, ass aktuell d'Warnung vum däitschen Umweltbundesamt, wat viru kuerzem, virun e puer Deeg gewarnt huet viru sou genannten Duftstoffer a Privathaiser oder Büroen, Supermarchéen oder Kinoen. Doranner wiere synthetesch Moschussubstanzen enthalen, déi sech an eisem Organismus géifen uräicheren an déi zum Beispill an Däitschland schonn zu enger hallwer Millioun Duftstoffallergiker gefouert hätten.

Dir Dammen an Dir Hären, et kéint een nach ganz vill aner Produiten opzielen, déi ähnlech Problemer maachen, déi awer trotzdeem um Marché sinn, well bis haut dësen Aspekt vun engem preventive gesondheetleche Verbraucherschutz praktesch total ignoréiert oder ënnerschat gouf. Ech wäert op dës chemesch Risike vu Produiten, déi all mat där ëmstriddener REACH-Direktiv a mat der Chemikaliesécherheet ze dinn hunn, um Schluss nach eng Kéier zréckkommen, well an eisen Aen ouni eng wierklech gutt an ëmfaassend REACH-Regelung, Här Castegnaro, iwwerhaapt keng wierklech Sécurité des produits wäert kënne garantéiert ginn. A wann et net zu enger gudder an zolitter REACH-Regelung kënnt, da wäert och dëst Gesetz a groussen Zich wierkungslos bleiwen.

Dat ass iwwregens ee gewichtege Grond fir eis Abstentioun, well et am Moment op Drock vun der chemescher Industrie leider net esou ausgesäit wéi wa mer iwwerhaapt nach eng REACH-Regelung géife kréien, déi wierklech engem preventiven Ëmwelt- a gesondheetleche Verbraucherschutz géif entspriechen.

Mä zréck zu den europäeschen Direktiven, där vum Juni 1992 an elo vun 2001, déi d'Produktsécherheet iwwer gemeinsam Norméierunge solle garantéieren. Schonn no Ëmsetzung vun der 92er Direktiv hätten d'Produkter um europäesche Marché sécher solle ginn. D'Realitéit aus deene vergaangenen zéng, 15 Joer war awer oft eng aner. Schonn 1992 sollt dat iwwer en Zesummespill tëschent Nationalstaten, der EU-Kommissioun an europäeschen Norméierungsbehörde geschéien, fir engersäits am Bannemarché eng Concurrence non faussée ze erméiglechen, wou dann awer als zousätzlech Kritäre laut den Artikelen 152 an 153 vum Traité héich Niveaue vu Gesondheetsschutz a Verbraucherschutz derbäikommen.

Wat ass elo nei an der Direktiv vun 2001 par rapport zu 1992? Et ass haaptsächlech eng nach méi staark Akzentuéierung vun op EU-Niveau etabléierten an ze harmoniséierenden Norme bei der Evaluatioun vu Sécherheet oder Risiko vu Produiten op Käschte vu méi reng nationalstaatlechen Normen, wougéint vum Prinzip hier jo och näischt dogéint anzewenden ass, soulaang dat net zu engem Nivellement vers le bas féiert, wéi et zum Beispill virun allem nordesch EU-State viru Joren ëmmer erëm gefaart hunn.

Als sécher gëlle laut der Direktiv 2001/95 Produiten, déi den harmoniséierenden europäeschen Normen entspriechen, a wann d'Nationalstaten déi akzeptéieren, da si se gülteg.

Wichteg ze wëssen awer ass, wéi dës Normen entwéckelt a festgesat ginn, well dat keen onwichtege Problem ass, wéi héich oder awer wéi niddreg, wéi streng oder laxistesch dës europäesch Norme fir d'Sécherheet vu Produkter festgesat ginn. An dës europäesch Normen, déi Sécherheet, Verbraucher- a Gesondheetsschutz solle garantéieren, déi ginn net ausgeschafft vun der EU-Kommissioun selwer, mä d'Kommissioun verdeelt den Optrag dozou am Kader vu sou genannten Accord-de-coopérationen u sou genannt privat a sou genannt onofhängeg Organismen an Expertëcomitéen.

Bis haut an am Moment geschitt d'Norméierung iwwert den CEN, de Comité Européen de Normalisation, deen 28 national Norméierungsinstanzen an aacht associéiert Membere vertrëtt. Bei elektrotechnesche Produiten ass et net den CEN, mä ass et eng aner Instanz, nämlech den Cenelec.

Fir d'Sécherheet vun engem Produit iwwert d'Normen ze bestëmmen, nennt dann den CEN sou genannten Expertëcomitéen, déi fallspezifesch oder fir Gruppe vun ähnleche Produiten d'Kritäre solle bestëmmen. An hei stellt sech déi allerdéngs praktesch wichtegst Fro: Wéi ass d'Kompositioun vun esou Expertëcomitéen? Wéi a mat wat fir Intérêtë gi se zesummegesat? Entsprécht d'Kommissioun just renge Marchés- an oft kuerzfristege Profitintérêtë vu bestëmmten Industrieproduzenten, oder kënnt do laut Ufuerderunge vun den Artikelen 152 an 153 och de Gesondheets- an de Verbraucher-

schutz gläichgewiichteg zur Geltung?

Wann een zum Beispill zréckdenkt un de Skandal mam Asbest, oder och un aner Skandaler wéi zum Beispill den Holzschutzmëttelskandal Enn vun den 80er Joren, a wann ee weess wéi do déi betraffen Industrien alles ënnerholl haten, fir an den Expertëcomitéen dobäi ze sinn oder fir se ze beaflossen, a wann een heiansdo déi massiv Presenz an esou Comitéë vun Industrievertrieder och haut nach gesäit, dann ass d'Fro vun der Kompositioun vun esou Expertëcomitéë vun zentraler Bedeitung.

Dofir hu mir och eng Motioun gemaach, déi ech herno nach erkläre wäert.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que la sécurité d'un produit est largement tributaire de la qualité des normes et des standards appliqués au cours de sa production;

- soulignant que l'élaboration d'une nouvelle norme de sécurité doit être transparente et non biaisée en faveur d'intérêts privés ou commerciaux;

- insistant sur le fait que la composition des comités de normalisation doit être équilibrée et que les intérêts des consommateurs et des travailleurs doivent également y être représentés;

- rappelant que la participation des associations de protection des consommateurs et celles de protection des travailleurs au processus de normalisation s'impose également parce que les gens qu'elles représentent sont généralement les premiers concernés par les normes;

- se félicitant que la Commission européenne fasse depuis quelques années des efforts pour une participation plus aisée et plus structurée de ces associations;

- constatant que les intérêts des consommateurs et des travailleurs restent largement défavorisés quant aux moyens humains et financiers à leur disposition pour effectuer des travaux d'analyse respectivement des contre-expertises par rapport aux propositions de normes venant de l'industrie;

- considérant qu'il convient dès lors d'offrir à ces associations de la société civile un niveau de représentation élevé et équitable dans la procédure de normalisation aux plans national, européen et international;

- estimant qu'elles doivent non seulement être associées à l'élaboration de normes de sécurité technique, mais également aux normes de sécurité environnementale et de sécurité sanitaire;

invite le Gouvernement

- à plaider au niveau européen pour une représentation accrue et équitable des intérêts des consommateurs et des travailleurs dans les comités de normalisation;

- à oeuvrer aussi bien au niveau national qu'international en faveur d'un meilleur soutien aux organismes de défense de ces intérêts, afin qu'ils aient véritablement les moyens humains et financiers pour faire valoir leur point de vue.

(s.) Jean Huss, François Bausch, Camille Gira, Henri Kox, Viviane Loschetter.

Wéi mer wëssen, Dir Dammen an Dir Hären, huet eisen Ekonomiesministère am November 2005 - den Här Rapporteur huet och schonn dovunner geschwat - e Projet de loi déposéiert iwwert d'Kreatioun vun engem Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation et de la sécurité des produits et services. An an der Logik vun deem, wat ech elo hei virdru gesot hunn, hoffen ech, datt, wann deen Institut Evaluatiounscomitéë fir d'Sécherheet vun de Produiten asetzt, et do dann awer zu enger équilibréierter Kompositioun vun esou Gremië kënnt, well soss vun Ufank u kloer wier, datt esou en Institut iwwer keng gréisser Confiance an der Öffentlechkeet géif verfügen.

Stéchwuert Confiance vun de Bierger, oder besser gesot Vertrauensverloscht, an déi europäesch Institutiounen, déi an den 90er Joren europawäit staark ënnert d'Rieder gerode war, wat esou Problemer wéi dem Asbestskandal, dem BSE-Skandal, dem Dioxin-Skandal an esou viru geschëllt war. All dës Skandaler an de Vertrauensverloscht vun ëmmer méi Leit an déi europäesch Institutiounen hunn dunn den europäesche Conseil an d'Europäesch Kommissioun opgeschreckt a si hunn endlech ugefaangen e wéineg ze reagéieren.

Esou ass zum Beispill an enger Resolutioun vum Conseil vum 28. Oktober 1999 iwwert de Rôle vun der Normefestsetzung an Europa d'Zil formuléiert ginn, fir méiglechst e Konsens dobäi ze sichen a fir eng gréisstméiglech Transparenz an onofhängegen Norméierungsorganismen ze suergen; eng Saach, déi allerdéngs bis haut nach héchstens an den Usätz realiséiert ass.

Als Moyen géint de Vertrauensverloscht huet hirersäits d'EU-Kommissioun an engem Livre blanc sur la gouvernance am Joer 2001 e Plädoyer gehale fir eng, ech zitéieren, «large participation des citoyens»; an op Säit 20 vun deem Livre blanc gëtt da gesot a Bezuch op Norméierungscomitéen, datt et do géing drëm goen, ech zitéieren, «d'améliorer la représentativité des organisations de la société civile».

An an de Konklusioune vum Conseil des Ministres vum 1. Mäerz 2002 iwwert de Problem vun dësen Norméierungsprozesser an Norméierungskommissioune gëtt dann och higewisen op dat grousst Ongläichgewiicht tëschent der Industrie engersäits an den nëmme ganz schwaache Moyenë vun der Zivilgesellschaft a vum Gesondheets- a Verbraucherschutz op där anerer Säit.

Ech zitéieren och dorauser: «La participation à la normalisation pose parfois des problèmes pratiques à certains intervenants. Il s'agit notamment des ONG, des représentants des consommateurs, de la médicine du travail et de la sécurité, et des PME. Le manque de ressources financières et le fait qu'ils ne disposent pas d'experts techniques peut empêcher leur participation.» Dat kléngt alles ganz gutt.

Et ass u sech den Aveu, datt bis elo de Lobbyismus vun deene verschiddenen Industrien einfach vill méi Moyenen hat, fir Norméierungs- a Reguléierungsprozesser um europäeschen Niveau an hirem Sënn ze beaflossen, a jiddereen, deen déi europäesch Realitéiten aus deene vergaangenen zéng, 15 Joer op deem dote Gebitt an net nëmmen déi erwähnte Skandaler méi genau verfollegt huet, dee weess, wéi dominant do den Afloss vun industrielle Lobbyen haut nach ëmmer ass.

Dat eenzegt Konkret, wat awer bis elo an der Fro vun der Kompositioun vun den europäeschen Norméierungsinstanze geschitt ass, ass de Versuch vun der EU-Kommissioun fir am CEN, dem Comité Européen de Normalisation, d'Anec, d'Association européenne pour la coordination de la représentation des consommateurs pour la normalisation, an och d'Syndikater an d'PMEen ze integréieren, sief et als Membres associés oder als Beobachter.

Et kéint ee soen ëmmerhin en éischten Usaz, och wann dat nach ganz vill no „Alibipartizipatioun" richt.

An enger neier Kommunikatioun vun der EU-Kommissioun vum 6. Abrëll 2005 ënnert dem Motto «améliorer la santé, la sécurité et la confiance des citoyens» gouf eng nei Stratégie en matière de santé et de protection du consommateur opgestallt, verbonne mat enger Proposition de décision du Parlement européen et du Conseil, fir en neien europäeschen Aktiounsplang a Saache Santé a Verbraucherschutz fir d'Joren 2007 bis 2013 an d'Wee ze leeden.

An deem Text gëtt iwwregens zum Beispill op Säit 13 schonn eng komplett Réanalyse vun dëser virleiender Direktiv 2001/95 verlaangt, déi mer elo haut hei ëmsetzen.

Doniewent ginn do eng ganz Rei vu Fuerderunge fir d'Joren 2007 bis 2013 erhuewen, déi natierlech richteg sinn, déi och ganz gutt kléngen, woubäi ee sech allerdéngs da freet, firwat esou positiv Saachen net längst scho realiséiert sinn, zum Beispill eng verbessert Partizipatioun a Representatioun vu Konsumenteverbänn, vu Patientevertriedungen an ONGen an alle konsultativen Organisatiounen an Expertëgremien, an déi néideg finanziell Ënnerstëtzung do dervun, fir datt an Expertëcomitéën an Norméierungsgremien d'ONGen an d'Konsumenteverbänn déi néideg Expertise-Kompetenzen an och déi néideg onofhängeg Géigenexpertisë kënnen abréngen.

An dësem neien Aktiounsprogramm 2007-2013 ginn nach eng ganz Partie vun aneren interessanten Neierungsvirschléi gemaach, zum Beispill iwwer verbessert Informatiouns-, Dialog- a Konsultatiounsméiglechkeeten; zum Beispill iwwert d'Noutwendegkeet vu méi Transparenz a besser Schutzreglementatiounen; zum Beispill och iwwer besser Rekursméiglechkeeten am Intérêt vum Verbraucher an esou virun.

All dat geet wäit iwwert dëse virleiende Projet an déi virleiend Direktiv eraus. Mä eréischt, wann all dës Punkten aus där neier Konsumentestrategie realiséiert wieren, kéint een an eisen Ae vun engem wierkleche Konsumenteschutz a vun enger wierklecher Sécurité des produits schwätzen.

Mir hunn awer gréisser Zweifel dorunner, awéiwäit de Wëlle vun den EU-Regierungen do ass, fir wierklech an esou eng positiv Richtung ze goen, well grad dat aktuellt Trauerspill ëm d'REACH-Direktiv, wou de Ministeschconseil vun dem Environnement viru kuerzem nach de 27. Juni de Substitutiounsprinzip gekippt huet, nodeem déi Chemikaliendirektiv scho virdrun total entschäerft a verwässert gi war, grad dëst Trauerspill ëm REACH weist zimlech kloer, datt weiderhin am sou genannte fräie Binnemarché d'Intérêtë vun der Industrie a Lobbyisten un éischter Plaz bleiwen, virun den Interesse vum Gesondheets- a Verbraucherschutz a virun enger wierklecher Sécurité des produits.

Ech hunn iwwregens an deem doten Zesummenhang, Här Minister, haut eng Question parlementaire eraginn, fir ze wësse wéi et dann elo soll virugoe mam Substitutiounsprinzip, zum Beispill wéi Lëtzebuerg do derbäi an deem zoustännege Ministeschconseil gestëmmt huet, an, wann et herno zu enger Conciliatioun eventuell mam Europäesche Parlament muss kommen, awéiwäit d'Lëtzebuerger Regierung dann awer de Substitutiounsprinzip virun ënnerstëtzt, dee se an hirem Memorandum vun 2005 ëmmerhin héichgehalen huet. Dozou hunn ech also eng Question parlementaire eraginn.

Bon, aus all dëse Grënn - an domadder kommen ech zum Schluss - gräifen an eisen Aen dës Direktiv an och dëse Projet de loi hei net wäit an net déif genuch. An dofir wäerte mer eis och beim Vote enthalen.

Zum Schluss, Här President, iwwerreeche mer lech hei nach déi Motioun, vun där ech virdru schonn hei geschwat hunn a wou mer eng besser, eng wierklech representativ an effikass Partizipatioun vu Konsumenteverbänn an ONGen an allen nationalen an europäeschen Normalisatiouns- an Expertëcomitéë verlaangen. Hei ass dës Motioun.

Domadder soen ech lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Huss. Den nächste Riedner ass den Här Mehlen.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech wëll domat ufänken, datt ech dem Rapporteur Merci soen. Hien huet hei mat vill Engagement a vill Kompetenz dëse Projet virgedroen, deen a senger ganzer Ausaarbechtungsphas e relativ schwierege Parcours ze duerchlafen hat, wou mer um Enn dann awer hoffen, datt en elo beim Statsrot net op eng definitiv Oppositioun stéisst, a wann et da sollt de Fall sinn, da musse mer alt dee Wee goen, deen d'Verfassung virgesäit.

Wéi de Rapporteur et gesot huet, schaaft dat Gesetz hei de Kader fir Sécherheet an deene Fäll, wou keng spezifesch Reglementer d'Sécherheet vun de Produitë reglementéieren. Dat heescht, et ass e Gesetz, wat an alleréischter Linn de Schutz vum Konsument soll garantéieren. Et ass duerfir e ganz wichtegt Gesetz.

Et betrëfft och all Zorte vu Produkter; wann een den Artikel 2 kuckt, dee seet, all Produkt - och am Kader vun enger Prestation de services -, dee fir d'Consommateurs destinéiert ass «ou susceptible, dans des conditions raisonnablement prévisibles, d'être utilisé par les consommateurs,...» - dat heescht, et geet ganz wäit - «même s'il ne leur est pas destiné, et qui est fourni ou mis à disposition dans le cadre d'une activité commerciale, à titre onéreux ou gratuit, qu'il soit à l'état neuf, d'occasion ou reconditionné». Dat, fir ze soen, datt et wierklech wäit gefaasst ass.

Mir denken, wa mer un d'Sécherheet vun de Produkter denken, direkt un eng Partie Liewensmëttelskandaler, déi mer an der Vergaangenheet haten. Ech muss awer soen, datt do aus der Erfahrung eraus geléiert ginn ass an datt och hei am Land Prozeduren an d'Wee geleet gi sinn, wou d'Traçabilitéit net nëmme vun de Liewensmëttel assuréiert ass, mä och haaptsächlech vun den Alimenter, déi gebraucht ginn, vun de Fuddermëttel am Kader vun der Produktioun vu Liewensmëttel.

Dat heescht, et muss kënnen novollzu gi bis an déi alleréischt Instanz, wou déi verschidde Produiten hierkomm sinn, am Fall, dass eppes géing virkommen, fir och kënnen d'Responsabilitéit ze fixéieren. An do ass ee vun de Problemer. Well wann een nëmme just dee responsabel mécht, deen de leschte Fournisseur ass, deen awer ënner Ëmstänn sech net dergéint wiere kann, wann hie Virproduitë gebraucht huet, déi zwar zertifizéiert waren, datt se sécher wären - an dat ass schonn agetratt - an et awer net waren, datt dann awer op jidde Fall déi wierklech Responsabilitéit muss kënne festgestallt ginn. Ech ginn dovun aus, datt d'Riichter an esou engem Fall och deen néidege bon sens spille loossen.

Mäi Virriedner, deen an där Matière hei sécher eng ganz grouss Kompetenz huet, huet op d'Wichtegkeet vun den Normen higewisen. An dat ass och richteg. Wann d'Normen net esou fixéiert sinn, datt d'Sécherheet garantéiert ass, da kann ee sech och am Kader vun dësem Gesetz hannert den Norme verstoppen, an dann ass d'Produkt fir de Konsument awer net sécher.

Wann een den Artikel 3 (1) kuckt, deen ass ganz däitlech: «Les producteurs sont tenus de ne mettre sur le marché que des produits sûrs.» Dat ass den Artikel 3 (1). A wann een an de Strofartikel kucke geet, den 8, dee seet: «Sont punis d'une amende de 251 à 25.000 euros, les producteurs qui mettent sur le marché des produits dont ils savent ou dont ils auraient dû savoir qu'ils ne sont pas conformes aux dispositions de l'article 3, paragraphe 1 (...)». Dat heescht, et geet wierklech scho ganz wäit hei.

Da kann ee sech awer d'Fro stellen: Wann ee schonn esou wäit responsabiliséiert gëtt als Produzent an als Commerçant op eng ganz Partie Produkter, déi zwar vläicht an den Norme richteg leien, dann awer wa gesot gëtt être présumé, fir gewosst ze hunn, datt säi Produkt net sécher wär. Ech stellen hei d'Fro zum Beispill vun den Handyen. Et ass jo eng grouss Diskussioun - ech hu mech e bëssen an der Literatur kënneg gemaach -, do si jo awer Hiweiser, déi een net ignoréiere kann, déi vu wëssenschaftlechen Instituter kommen an esou weider, datt d'elektromagnéitesch Strahlung, déi vun Handyen oder vun deenen DECT-Apparater ausgeet, wierklech ganz staark gesondheetsbedrohend ass. Dat misst een als Commerçant eigentlech wëssen, well dat ass Literatur, déi zougänglech ass. Wien ass dann elo responsabel wann do eng Kéier eng Prozesswell géing lassgetrëppelt ginn; wat net auszeschléissen ass?

Beispiller gëtt et genuch. Zum Beispill och mat Chemikalien, déi eng Zouloossung kritt hunn, wou zertifizéiert war, datt se net gesondheetsschiedlech sollte sinn a wou sech dann awer no enger Rei vu Joren erausgestallt huet, datt se awer wierklech gesondheetsschiedlech - heiansdo souguer staark gesondheetsschiedlech - waren, besonnesch an der Laangzäitwierkung; vläicht net direkt toxesch, mä an der Laangzäitwierkung dach ganz schlëmm waren. Dat beweist wéi wichteg et ass, datt déi Normen, déi fixéiert ginn, am Intérêt vun de Consommateuren an ech géif soen och an engem Geescht vu Précautioun festgeluecht ginn.

Et kéint een hei zur allgemenger Erheiterung soen, mir hu jo deemnächst d'Tubaksgesetz hei um Leescht: Wann ee weess wéi vill schiedlech Substanzen dem Tubak bäigemëscht ginn, dann däerft jo eigentlech laut dësem Gesetz kee méi Tubak oder Zigaretten - Tubak vläicht schonn, mä net Zigaretten - verkafen, well d'Produkt muss sécher sinn. An deejéinegen, deen et verkeeft, ass laut dem Artikel 3 gehale fir dat ze wëssen, oder laut dem Artikel 8 gëtt gestrooft, well hie gehalen ass dat ze wëssen. An hien däerf kee Produkt op de Maart bréngen, wat schiedlech ass.

(Interruption)

Woubäi d'Wëssenschaftler jo soen den Tubak als solchen ass en Naturprodukt a wär deemno net schiedlech. Et sinn haaptsächlech d'Bäimëschungen, déi gesondheetsschiedlech sinn.

Do stellt sech d'Fro: Geet et duer wann een op enger Packung annoncéiert „Dat Produkt hei ass schiedlech", an da kann een et awer verkafen? Gesäit d'Gesetz - dat ass meng Fro un de Rapporteur - déi Ausnahm effektiv vir? An Amerika sinn et Prozesser ginn, wou ganz, ganz héich Strofen ausgesprach gi sinn, well d'Riichter zur Erkenntnis komm sinn, datt eng Täuschung vum Konsument virgeleeën hätt.

Här President, dat gesot, léist dat Gesetz hei sécher net all déi Problemer, déi mer hunn - wéi de Jean Huss et scho virdru gesot huet -, mä et bréngt ons an eisen Aen trotzdeem ee Schrëtt weider. Ee Schrëtt, wou et muss virugoen a wou mer virun allem mussen duerfir suergen - ech wëll och ënnersträiche wat vill Leit virdru gesot

hunn - mat där REACH-Initiativ, datt dat ëmgesat gëtt an datt mer eng européesch Instanz kréien, déi wierklech onofhängeg ass an an aller Gewëssenhaftegkeet d'Sécherheet vun de Produkter iwwerpréift.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Jaerling. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Ech soe Merci, Här President. Och Félicitatiounen dem Här Rapporteur fir säin explizitte Rapport. Och bewonneren ech ganz oft dem Här Huss säin Engagement wann et ëm déi Matière do geet. Mä heiansdo da mécht hie mir och Angscht, an dat ass haut de Fall. Bei sengen Ausféierungen hat ech awer déi eng oder aner Kéier den Androck wéi wa mer all schonn aacht Deeg dout wieren a mer wéissten et nach net.

(Interruption)

Mir awer mat sengen Ausleeungen heiansdo. Mä Dir gitt och net mam Här Huss an d'Sauna. Also, do musst Der schonn esou villes matmaachen.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

Mä déi aner Saach ass, dass och eng ganz Rei Skepsis hei opkomm ass, wat dann elo de Respekt vun deenen Dispositioune vun der Direktiv a vun dësem Gesetz ugeet, wou gefaart gëtt, dass am Fong d'Produzente sech net un dat Gesetz, un déi Reglementer géifen halen an dass gefaart gëtt, dass awer eng Rei Méiglechkeeten besti fir dat ze ëmgoen.

D'Fro stellt sech einfach, wa jiddfereen d'Gesetz géif respektéieren, da wär et einfach, da bräichte mer keng Prisongen a glécklecherweis och keng Affekoten. Mä leider ass dat net esou! Leider gëtt ëmmer erëm versicht op allem Profit ze maachen. Hei ass awer eent vun deene Gesetzer oder eng vun deenen Direktiven, déi da versicht eng gewësse Sécherheet eranzebréngen; eng gewësse Sécherheet, déi schonn direkt vum Produzent soll ausgoen, wou d'Wuere sollen deementspriechend gekennzeechent sinn an och esou ofgeséchert sinn, dass keng Gefore bestinn.

Do derniewent hu mer natierlech awer da bis zum Verkeefer eng Rei Zwëschenhändel, wou och kann trafiquéiert ginn, wou och Contrefaçons kënne mat erageschmuggelt sinn, wou dann och de Verkeefer - dat heescht am Fong dee Leschten an der Rei - eng gewësse Responsabilitéit kritt. Mä eng Responsabilitéit, wou ech der Meenung sinn, dass hien déi net onbedéngt muss eleng droen. Dat heescht, et muss awer trotzdeem vu virop gekuckt ginn, wou dann elo, wa Feeler geschéien, Produiten op de Maart kommen, déi net ofgeséchert sinn oder déi iergendwéi net de Bestëmmunge vun dësem Gesetz entspriechen, wou déi Feeler geschitt sinn, an dass da gekuckt gëtt déi Responsabilitéit awer da festzestellen.

Op jidde Fall, ob dat Gesetz hei elo wäit genuch geet oder net, zumindest ass et awer en Ufank an e Versuch op européesche Niveau an an den nationale Gesetzgebunge fir ze kucke Produiten op de Maart ze kréien, besonnesch wann et ëm d'Kanner geet oder ganz besonnesch och wann et ëm d'Gesondheet vun de Leit geet, déi dann awer gekennzeechent sinn. Et gëtt zumindest eng gewësse Garantie, dass an deem Pak, deen do verschéckt a verkaaft gëtt, awer net Schadstoffer kënnen dra sinn an och d'Sécherheet vun de Leit doduerch net a Gefor kënnt.

Mir hate schonn - et ass schonn e puermol hei ernimmt ginn - verschidde Projeten, wou mer zum Beispill iwwer REACH, iwwer Chemikalien, hei versicht hu Léisungen ze fannen, wou et natierlech och esou ass, dass d'Produzentelobby versicht dat ofzeblocken. Dat ass ganz oft esou. A mer wäerten och elo nach an deenen nächsten Deeg Gesetzer kréien, wou aner Lobbye versiche wäerten hir Profitgier duerchzesetzen.

Mir haten och d'Beispill, wat elo den Terrorismus ubelaangt, natierlech dann hei, fir dass de Sprengstoff misst gekennzeechent ginn an deem Sënn. Dat heescht, et ginn ëmmer erëm Direktiven a Gesetzer gemaach, déi de Konsument an d'Liewe vun de Mënschen awer zumindest versichen ofzesécheren, och wann et ëmmer nëmmen en Ufank ass. An d'Zukunft wäert eis och bei dësem Gesetz, dëser Direktiv weisen, dass eben eng Kéier muss en Ufank gemaach ginn. No enger bestëmmter Zäit muss da gekuckt ginn: Dat wat mer wollten, gëtt dat erreecht oder musse mer nach eng Kéier norüsten? Musse mer nach eng Kéier kucken, ob mer net eppes vergiess hunn?

An ech géif mengen, dofir ass et scho wichteg dat Gesetz hei ze stëmme fir en Ufank ze hu vun enger Ofsécherung a fir zu engem spéideren Zäitpunkt ze kucken, wa mer mengen, dass dat net duergeet, dass mer dann awer nach eng Kéier kënnen nohaken, fir dann am Interessi vun der Gesondheet vun de Bierger dat Gesetz nach eng Kéier ze reforméieren an ze verbesseren.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Zum Schluss vun der Debatt héiere mer d'Regierung. Den Här Minister Jeannot Krecké!

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*.- Ech weess net, ob Der eng Hoffnung ausdréckt oder Bedaueren, mä ech sinn op alle Fall nach do, entgéint deem, wat Der gemengt hutt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech muss soen, dass an deem Gesetz hei d'Chamber iwwert d'Moossen hire Rôle gespillt huet, well se iwwert d'Kommissioun an hire Rapporteur wäitgehend op deen initialen Text agewierkt huet. Dass se dat a Kollaboratioun mat de Regierungsvertrieder gemaach huet ass richteg. Mä als een, dee laang an der Chamber war, muss ech soen, dass dat hei eent vun deene Gesetzer ass, wou wierklech d'Chamber ganz, ganz grouss Mériten drun huet. Duerfir wëll ech deene Leit alleguerten an der Kommissioun, a ganz besonnesch och dem John Castegnaro, villmools Merci soen.

Dat war eng gutt Zesummenaarbecht. Et war virun allem eng Zesummenaarbecht, déi heiansdo kriddelech war, well awer de Conseil d'État entgéint allem Erwaarde sech an dësem Dossier ganz kritesch geäussert huet. Et ass scho gesot ginn, dass sechs Opposition-formellen um Dësch louche plus e ganze Koup aner Interventioune vu senger Säit, wat u sech e bëssen iwwerrascht huet.

Mä ech muss soen, mir hu mat Ausnahm vun engem Punkt, wou mer jo probéiert hunn awer ze weisen, dass d'Meenung vun der Kommissioun eventuell kënnt esou sinn, dass och de Conseil d'État sech der Kommissioun emol eng Kéier kënnt ralliéieren, mengen ech de Gros vun deene Saachen iwwerholl, da wann et méiglech war, da wa mer sécher waren, dass den Équiliber, dee sollt awer garantéiert sinn zwëschent de Besoine vun de Consommateuren an deene vun de Leit, déi dat bedreiwen, gehalen ass.

Ech soen dat. Firwat? Well och deen een oder anere gesot huet: Firwat gi mer emol net méi wäit an dësem Gesetz wéi anerer? Firwat wëlle mer hei just d'Direktiv ëmsetzen? Ech menge mir sinn an engem Marché intérieur hei an da musse mer och kucken, dass mer an engem Marché intérieur no deeneselwechte Regelen in etwa fonctionnéieren, soss kréie mer reell Problemer. Besonnesch e Land wat selwer kee grousse Bannemaart huet, huet domadder Schwieregkeeten, an duerfir ass et och normal, dass gekuckt gëtt op européeschem Niveau esou wäit wéi méiglech eng Harmonisatioun vun all deene Sujeten erbäizeféieren.

Déi Direktiv hei ass, wéi gesot, vum Dezember 2001. Déi setze mer elo hoffentlech haut ëm. Dat huet e bësse laang gedauert. Mir sinn amgaangen deen opzeschaffen, dee Retard, dee mer hunn. Dat hei ass eng vun deenen, déi mer am meeschten um Mo leien. Duerfir soen ech och nach eng Kéier villmools Merci, dass Der och bereet waart deen Effort ze maachen, elo nach dat Gesetz op den Ordre du jour ze huelen.

Well et huet richtegerweis, wéi et gesot ginn ass, haaptsächlech emol d'97er Gesetz bäibehalen. Dat Gesetz bréngt eng Rei Neierungen eran, déi deem enge Satisfaktioun ginn, deem anere vläicht net. Et ass probéiert ginn, dass d'Kooperatioun vun deenen, déi eppes hierstellen, a vun deenen, déi eppes verdreiwen, verstäerkt vis-à-vis vun den Autoritéite muss duerchgefouert ginn. Ech mengen et ass gekuckt ginn, dass méi e systematesche Gebrauch och vu Standard an Norm gemaach gëtt, wat jo nëmme jiddfereen zefridde stelle kann. A mir kucken och, dass mer eis um Niveau vun den Autoritéite besser organiséiert kréien.

Well hei ass et jo esou, dass et e fundamentale Prinzip gëtt, nämlech deen, näischt op de Marché ze brénge wat u sech soll schiedlech sinn, wat eng Gefor soll duerstellen. A wann dann zweetens muss e Retrait organiséiert ginn, wann, da muss de Rappel an d'Zerstéierung vun deene Produkter virgeholl ginn.

Ech mengen eng vun deene wichtege Saachen ass déi vun der Kommunikatioun. Et ass net auszeschléissen, de Risque zéro besteet net, dass eng Kéier eppes geschitt, dass e Produkt op de Maart kënnt. Wann een déi verschidden Notifikatioune kuckt, déi duerch Rapex gemaach ginn, da gesäit een, dass dat des Öfteren de Fall ass. Duerfir wann de Risiko zéro net besteet, da muss een einfach kucken, dass een et esou organiséiert, fir d'Produkt esou schnell wéi méiglech vum Marché ze zéien. Et muss een dann och kucken, dass déi Kommunikatioun esou gutt wéi méiglech organiséiert ass.

Fir dat ze maachen, mengen ech, gëtt et elo e puer Autoritéiten. Et wier besser et wier nëmmen eng, mä mir hunn zu Lëtzebuerg eben déi Opdeelung, dass mer e puer Autoritéiten hunn. Et ass vun der ITM scho Rieds gaangen. Et ass Rieds gaange vun der Division de la pharmacie et des médicaments. D'Douane ass net genannt ginn, mä déi spillt awer och e Rôle, doduerch dass se de Contrôle am Cargo Center mécht. De Service de l'Énergie de l'État wäert an nächster Zäit ersat ginn duerch den ILNAS, well dee Service de l'Énergie de l'État bekëmmert sech bal ëm alles mä net méi ëm Energie.

Dat ass eng Kéier ëmgeännert ginn, dat gëtt dann elo och a senger praktescher Ausféierung geännert duerch dat Gesetz oder dee Projet, deen, wéi ech hoffen, Der elo geschwënn eng Kéier stëmme kënnt, nämlech dee vum Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation et de la sécurité des produits. Mir mussen dee fäerdeg bréngen, fir dass de Service de l'Énergie de l'État zesumme mam OLAS, wat och zwou Administratioune sinn, déi u sech rattachéiert sinn un de Ministère, zesumme mat der Métrologie eng besser Zesummenaarbecht mat deenen aneren Autoritéite kënne sécherstellen, fir dass et hei awer zu enger substanzieller Verbesserung vun de Resultater och kënnt.

Här President, zwee Équilibere mussen hei hiergestallt ginn. Deen éischten ass vun der Madame Flesch duergestallt ginn, nämlech dee vu Schutz a Fräiheeten. Wéi scho gesot, mengen ech, déi Aarbecht, déi an der Kommissioun gemaach ginn ass, huet do deen Équiliber elo erëm hiergestallt, wann en dann nach net an den Ae vu ville Leit do gewiescht sollt sinn. Duerfir sinn ech frou, dass dat op der Ebene vum Parlament geschitt ass. Dat Zweet ass déi juristesch Ofsécherung, d'Sécurité juridique, an Aklang ze brénge mat enger seriöer Iwwerwaachung. Dat ass och net ëmmer einfach, an ech mengen och do hätte mer e Wee gewielt, deen anstänneg ass.

Den Här Huss huet, wéi och anerer, op REACH higewisen. Ech mengen, mir kréien nach d'Geleeënheet doriwwer ze schwätzen, mä REACH huet u sech eng total aner Ausriichtung, vu dass et chemesch Produkter sinn, während déi chemesch Produkter jo guer net hei drënner falen, a well och bei REACH vill méi frei nach probéiert gëtt, en amont, virun enger Commercialisatioun ze handelen. Et ass u sech vun der Approche hier, mengen ech, eng, déi nach vill méi strikt ass an och bedéngt duerch eng Rei chemesch Produkter, mengen ech, berechtegterweis méi strikt ass. Mä si läit nach méi en amont wéi dat Gesetz wat mer u sech hei maachen.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Här Minister, däerf ech lech eppes froen?

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*.- Jo.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Här Minister, déi Duerstellung, déi Der gemaach hutt, ass natierlech richteg, mä de Problem ass awer deen heiten: Vu datt a Produkter esou Chemikalie kënne verschafft ginn an dann aus deene Produkter kënnen ausgasen - beispillsweis ausgasen, dat ass nëmmen een Déngen; et kann och sinn, datt a Produkter wou Kanner dru lutsche beispillsweis, datt och do kënnen esou chemesch Substanzen dra sinn -, ass et awer evident, datt e Lien besteet zwëschent enger gudder REACH-Regelung an enger gudder Produktsécherheet. Well wa mer en amont, wéi Der sot, keng gutt Chemikalien-Direktiv kréien, déi wierklech e Schutz vu Gesondheet an Ëmwelt mat sech bréngt, da kënne mer och net herno eng Garantie gi fir d'Sécherheet vun de Produkter wou déi Chemikalien dran enthale sinn.

An dat ass nun awer leider ee vun deene wesentleche Punkten, wann et ëm Produktsécherheet geet; wou et net nëmmen ëm déi Saache geet, déi am Rapex-System notifiéiert ginn, wéi mengetwegen eppes Brennbares oder datt eppes zerbriechbar wier oder esou virun. Ech mengen, et gëtt en evidenten Zesummenhang, deen iwwregens, kann ech lech soen, am Pabeier vun der Européescher Kommissioun, an hire Virschléi iwwert de Verbraucherschutz selwer ugeschwat gëtt! Dee gëtt do selwer ugeschwat! Duerfir besteet deen Déngen!

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Huss, kommt elo zu Ärer Fro!

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Majo, ech wollt…

M. le Président.- Dir sot, Dir wollt eng Fro stellen.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Maja! Ech…

Une voix.- Neen, Dir musst net.

(Hilarité)

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Wann Der wëllt, als Kommentar.

M. le Président.- Et war e gudde Kommentar. Da loosse mer elo den Här Minister weiderfuere loossen. Här Minister!

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*.- Et war mer scho bewosst, dass Der mir wollt soe wat Der um Häerz hätt, an ech muss jo och soen, dass dat wat Der sot net onbedéngt falsch ass. De Problem ass e bëssen, a senger Ausféierung muss REACH esou équilibréiert - och do! - sinn, dass et ausféierbar herno ass an dass et net dozou féiert, dass einfach Betriber soen: Jo, mä dat doten huet elo kee Sënn méi! An dat war e bëssen den Ausgangspunkt.

Elo kënnt déi Fro vun der Substitutioun derbäi. Et ass net de Prinzip wou ee meeschtendeels sech dru stéiert, et ass méi d'Ausféierung. An do kënnt jo elo nach eng Ronn wou doriwwer geschwat gëtt, wou mer d'Geleeënheet kréien, dat och méi kloerzestellen. Mä ech muss soen, ech gehéieren och zu deenen, déi gesot hunn, déi Reglementatioun, well et ass jo eng Reglementatioun, déi muss esou sinn, dass se awer duerchféierbar ass.

An Dir wësst, wann Der sechs Expertë fannt, déi soen, dass e gewësse Produkt oder e gewëssene chemesche Produkt héchst geféierlech ass, da fannt Der der och mindestens sechs, déi de Contraire soen, an duerfir kënnt déi Onsécherheet e bëssen op. An deem muss een awer Rechnung droen, dass et do scheinbar, och an enger sou genannter wëssenschaftlecher Welt, keng absolut Sécherheet gëtt, an ech mengen deem muss ee Rechnung droen. Elo kann een…

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Et ass de Principe de précaution.

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*.- Jo, de Principe de précaution kann awer net sinn, dass, wann ee seet, ech hunn hei Bedenken, an dee féiert och eng Beweisféierung, an zéng anerer erklären de Contraire, een dann ëmmer deem enge muss nolauschteren an net deenen zéng aneren.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Neen. Dat ass richteg.

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*.- Ech mengen, do probéiere mer jo en anstännegen Équiliber ze fannen.

Ech wëll och kuerz zréckkommen, Här President, op dat wat mer amgaange sinn - vu dass dat hei jo awer de Gesamtberäich vun de Consommateure betrëfft - um Niveau vum Code de la Consommation ze maachen, wou mer probéieren à droit constant, well mer eis net virgeholl hunn elo zéng Joer ze brauchen, well wann Der dee ganzen Droit total vu vir bis hannen opschafft, da sidd der zéng Joer amgaangen. Ech wollt emol eng Kéier alles compiléieren, alles zesummekréien. Duerfir hu mer virun engem Joer domadder ugefaangen, déi Gesetzgebung, alles zesummenzehuelen an all Inkohärenzen, déi dra sinn, emol erauszehuelen.

Wéi Der konnt gesinn, Här Huss, ass an der Kompositioun vun deem Comité d'accompagnement och en anstännegen Équiliber zwësche Juristen a Magistraten - de Leit, déi also herno dat do ze jugéieren hunn -, zwësche Leit vum Ministère, zwëschen deene Leit, déi d'Consommateure vertrieden, an deenen, déi d'Produzente vertrieden.

Ech fäerten net d'Géigeniwwerstellung vun deenen Interessen. Dat

sinn nämlech verschidde gelagert Interessen. Mir hunn, dat wësst Der vläicht och, e Conseil de la Consommation agesat, deen elo déi zwee beinhalt, nämlech wou souwuel Leit aus der Ekonomie sëtze wéi Leit vun de Consommateuren. Well ech fannen dat Ganzt gewënnt nëmmen doduerch, dass déi zwee net dobaussen, mä bannen hir Argumenter austauschen an dann zu enger seriöer Politik kënne kommen. De Conseil de la Consommation soll jo och dem zoustännege Minister eng ganz Rei Ureegunge ginn.

Bon, dat gesot hunn ech déi Motioun vum Här Huss gekuckt. Ech muss soen, de Gros dovunner kann ech hei ënnerschreiwen. Ech hunn allerdéngs zwee, dräi Problemer wou ech éierlech gesot keng Äntwert drop hunn. Duerfir froen ech mech, Dir sot: «considérant qu'il convient dès lors d'offrir à ces associations» an der Procédure de normalisation méi eng grouss Representativitéit. Ech kann lech net soe wat fir eng se huet. Dir sot och…

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).-* Ech hu se hei.

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.-* Jo, d'accord, mä ech…

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).-* Ech hu se lech virgelies.

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.-* Also wann Der drop haalt fir se ofstëmmen ze loossen, da muss ech soen, ech ka mäi Jo-Wuert net dozou ginn, well ech dat net weess.

Dir sot: «estimant qu'elles doivent non seulement être associées à l'élaboration de normes de sécurité technique, mais également aux normes de sécurité environnementale et de sécurité sanitaire». Jo, ech weess emol net wéi se am Environnement an an der Santé duergestallt sinn!

Dofir, de deux choses l'une, éischtens muss ech soen, wëll ech einfach net gären hunn, datt ech hei lech eppes verspriechen, wat ech net kennen. Kommt, mir ginn nach eng Kéier an d'Kommissioun a mir kucken nach eng Kéier dodriwwer.

Ech hu kee Problem, fir ze soen, deen Équiliber, dee mir jo hei an eisen Organismë probéiert hunn hierzestellen, versiche mer och op europäeschem Plang anzeféieren, fir dass deen och do besteet. Dofir hunn ech mat Ärem eischten «invite» iwwerhaapt kee Problem.

Mä bei Ärem zweete misst Dir mir allerdéngs soen, wat Der verstitt ënner «en faveur d'un meilleur soutien aux organismes de défense». Ech mengen, den Ekonomiesminister gëtt e substanzielle Support financier, wierklech e substanzielle Support financier! Wann Dir natierlech elo gären hätt, dass dat méi soll ginn, da muss ech lech direkt soen: Dat kann ech net akzeptéieren!

Well et ass budgetär iwwerall agefruere ginn, also ass et et och hei. Et ass bei mir am Ministère budgetär op allen Niveauen agefruer ginn, wou also net méi kënnt, mä wou ech mam Konsumenteschutz wollt schwätzen, fir dass mer vläicht eenzel Saache méi effikass maachen. Et kann ee fir datselwecht Geld, mat deeneselwechte Leit menger Meenung no eng Rei Saache méi effikass maachen. Déi Gespréicher si mer amgaangen ze féieren.

Ech kann lech also mat Sécherheet net verspriechen, dass elo méi Sue kommen, well ech muss lech soen, ech krut manner Suen accordéiert, also kann ech dat hei net agoen.

Ech géing lech also vläicht bieden, dass mer nach eng Kéier an der Kommissioun doriwwer schwätzen. Wann net, da muss ech lech froe fir se ofzelehnen, well virdrun eng Rei Elementer gefrot sinn, op déi ech lech keng kloer Äntwert ka ginn. An ech kann lech och net verspriechen, dass méi Geld kënnt an deem nächste Joer.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann...

(Interruption)

Gelift?

(Interruption)

Jo, elo stëmme mer emol iwwert de Projet of, an da kucke mer wéi et weidergeet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Här Santer, Är Elektronik geet de Moment net. Dann huele mer dat zur Kenntnis.

De Projet de loi ass ugeholl mat 52 Jo-Stëmme géint 7 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par Mme Martine Stein-Mergen), Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Thiel), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Lucien Clement);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. John Castegnaro), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Fernand Diederich), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par Mme Colette Flesch), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Dann d'Motioun vum Här Huss. Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

Motion 1

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).-* Här Minister, Här President,...

(Brouhaha général)

M. le Président.- Lauschtert dem Här Huss no!

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).-* Här President, ech hu mat Interesse gelauschtert, wat den Här Minister gesot huet. Ech kann och d'Verständnis dofir hunn, datt hie bei zwee oder dräi Punkten net direkt op déi Saachen do äntwere kann; esou aus dem Stegreif.

Ech sinn duerfir d'accord mat senger Propositioun, datt mer d'Motioun nach eng Kéier an d'Kommissioun zréckverweisen, sou datt se do kann diskutéiert ginn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Très bien. Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Moien um néng Auer.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.45 heures)

MERCREDI, 12 JUILLET 2006

48E SÉANCE

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président

Ordre du jour

1. 5216 - Projet de loi sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil

(Rapport de la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion - Vote)

2. 5534 - Projet de loi portant modification de l'arrêté grand-ducal modifié du 8 octobre 1945 portant réorganisation du statut de la Chambre des Artisans

(Rapport de la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Fernand Boden et Lucien Lux, Ministres.

(Début de la séance publique à 9.01 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement.-* Neen, Här President.

M. le Président.- Da komme mer direkt zur Diskussioun vum Projet de loi 5216 iwwert d'Loyersgesetz. D'Riedezäit ass nom Modell 3 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Clement, den Här Grethen, d'Madame Spautz, den Här Kox, den Här Henckes an den Här Jaerling. Wann ech mer hei d'Lëscht ukucken, da kann ee rechne mat ongefëier zwou Stonnen Diskussiounszäit fir dëse Projet de loi. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Norbert Haupert. Här Haupert!

1. 5216 - Projet de loi sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil

Rapport de la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement

M. Norbert Haupert *(CSV), rapporteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Februar 2003 huet hei an der Chamber eng Orientéierungsdebatt iwwert de Logement stattfonnt, an där ënner anerem festgestallt gouf, datt net genuch Wunnengen, besonnesch vu mëttlerem Standard, um Mietwunnengsmaart ze fanne wieren, an dat haaptsächlech aus zwou Ursaachen:

Éischtens, den Invest an eng Wunneng fir ze verlounen ass net esou interessant wéi wann ee säi Geld an e Finanzprodukt uleet; an zweetens, d'Verloune vun enger Wunneng ka mat ville Problemer verbonne sinn, besonnesch wann ee mat engem Locataire ze dinn huet, dee schlechte Wëllens ass an deen een och duerch laangwiereg Geriichtsprozeduren nach net esou séier aus der Wunneng eraus kritt.

Um Uschloss vun där Debatt huet d'Chamber eng Motioun gestëmmt, déi d'Regierung invitéiert, ënner anerem d'Gesetz iwwert de Bail à loyer ze reforméieren, fir esou den Invest an d'Mietwunnengen ze encouragéieren. An där Motioun huet d'Chamber festgehalen:

Éischtens, d'Differenz, déi am bestehende Gesetz festgeluecht ass tëschent de Wunnengen, déi virum 10. September 1944 gebaut goufen, an deenen, déi no deem Datum gebaut goufen, falen ze loossen;

zweetens, den Taux vu 5% fir d'Berechnung vum Loyer bäizebehalen an de Präis vum Terrain an d'Berechnung vum Capital investi mat anzebezéien;

drëttens, den Délai vun der Loyersupassung vun dräi op zwee Joer ze verkierzen;

véiertens, d'Rechter an d'Flichte vun dem Locataire an dem Propriétaire ze équilibréieren, andeems besonnesch d'Délaien, bannent deenen de Locataire seng Wunneng bei enger Kënnegung vum Bail muss verlooss hunn, verkierzt solle ginn;

fënneftens, d'Luxuswunnengen nei ze definéieren an déi vun den Dispositiounen iwwert d'Berechnung vun dem Loyer ze entbannen,

a sechstens, d'Loyerskommissiounen ze reforméieren.

Schonn de 6. Oktober 2003, also am selwechte Joer, huet de Wunnengsbauminister Fernand Boden e Gesetzesprojet iwwert d'Reform vum Loyersgesetz hei an der Chamber deponéiert. D'Beruffschamberen, de Konsumenteschutz, de Syvicol, d'Entente vun de Gestionnairë vun de Centres d'accueil, de Procureur général, d'Friddensgeriichter an d'Bezierksgeriicht vu Lëtzebuerg hunn tëschent dem Dezember 2003 an dem Mäerz 2005 hir Avisen zu dësem Projet ofginn.

D'Chamberskommissioun huet a siwe verschidde Sëtzungen tëschent September 2004 a Juni 2005 de Projet examinéiert a verschidden Amendementer festgehalen.

De Statsrot huet säin Avis de 25. Oktober 2005 adoptéiert, an d'Chamberskommissioun huet deen Avis an hirer Sëtzung vum 1. Dezember 2005 examinéiert. Op grond vun hiren eegene Propositiounen an de Remarquen awer och vum Statsrot huet d'Chamberskommissioun eng Rei vun Amendementer néiergeschriwwen, déi Dir, Här Chamberspresident, den 20. Januar 2006 un de Statsrot weidergereecht hutt. Dem Statsrot säin Avis complémentaire vum 20. Juni vun dësem Joer huet d'Chamberskommissioun den 3. Juli examinéiert, an de 5. Juli huet d'Kommissioun de Bericht vum Rapporteur zu dësem Gesetzesprojet ugeholl.

Et war also eng laangwiereg Prozedur, awer wann een den Enjeu vum Projet kuckt, da war et schonn derwäert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat sinn dann elo déi wichtegst Änderunge vum Gesetz?

Eng éischt wichteg Neierung vum Gesetz läit an der Berechnung vum Loyer. De Projet léisst nämlech den Ënnerscheed tëschent den Haiser, déi virun 1944 gebaut gi sinn, an deenen, déi duerno entstane sinn, falen. Nom aktuelle Gesetz gëtt de Loyer vun enger Wunneng vu virum Krich no engem Forfait berechent, deen tëschent 250 an 1.500 aler Lëtzebuerger Frang, Index 1955, pro Zëmmer ass, jee nodeem a wellecher Gemeng d'Wunneng läit. Dat mécht haut 1.420 respektiv 8.500 aler Frang aus pro Zëmmer. Fir d'Wunnengen, déi nom Krich gebaut gi sinn, däerf de Loyer net méi héich si wéi 5% vum investéierte Kapital.

De Projet gesäit vir, datt an Zukunft de Loyer vun alle Wunnengen nom Capital investi berechent gëtt. De Maximum bleift op 5% vum Capital investi bestoen, a fir d'Berechnung vum investéierte Kapital kann de Präis vum Terrain an d'Ausgabe vun de Verbesserungsaarbechten un der Wunneng mat abezu ginn. De Capital investi gëtt no 15 Joer an duerno all zwee Joer engersäits réévaluéiert, fir d'Evolutioun vum Bauindex ze berücksichtegen, an anerersäits décotéiert, fir der Ofnotzung vun der Wunneng Rechnung ze droen.

Nom heitege Gesetz ginn déi Adaptatiounen eréischt no 20 Joer gemaach a fannen duerno nëmmen all zéng Joer statt. Des Weidere gesäit de Projet eng Adaptatioun vum Loyer all zwee Joer vir, anstatt wéi bis elo all dräi Joer. Dat, wat déi nei Moossname fir d'Berechnung vum Loyer ubelaangt.

Eng zweet wichteg Änderung läit an der Definitioun vun de Luxus-